



# /DEFUUSS

INFORMATIONEN AUS DER  
GEMENG WALDBËLLEG 2014





14

IN  
TE  
RN

INFOS INTERNES

38

POLI  
TI  
K

POLITIQUE

62

KUERZ  
NO  
TEI  
ER  
T

À NOTER

84

BEI  
EIS...

DE CHEZ NOUS ...

105

SCH  
OU  
L

ÉCOLES

122

V  
ER  
ÄI  
NER

ASSOCIATIONS

169

KU  
L  
TU  
R

CULTURE

## LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

**mir si frou, lech „DE FUUSS“ 2014 kënnen ze presentéieren, deen lech a groussen Zich iwwert dat informéiert, wat vum 23. August 2013 bis haut an eiser Gemeng geschitt ass.**

Mir hoffen, datt dëse „DE FUUSS“ lech gefält, a wënsche vill Spaass beim Liesen! Och dëst Joer kënn Dir „DE FUUSS“ um Handy oder um Tablet liesen, wann Dir de QR-Code läschter Säit scannt.

De Cover soll eis Loscht op de Summer maachen. De Fiissche léisst sech et gutt goen an entspaant op seng eegen Aart a Weis. De Logo vun der Gemeng, deen Dir all kennt, ass weiderentwéckelt ginn, a soll den Ufank vun enger Rei vun Ännerunge sinn an der **Aussenduerstellung vun eiser Gemeng**. Den Ament gëtt en Imagefilm iwwert eis Gemeng gedréint, deen als Intro op enger neier Internetsäit ze gesi wäert sinn. D'Entwécklung vun enger „Charte graphique“ an d'Entwécklung vun enger „Corporate Identity“ gehéieren zu deem Projet, deen am Laf vun 2015 soll ofgeschloss sinn.

Wat de **politische Compte rendu** ugeet, fänkt dës Nummer vum „DE FUUSS“ mat der Gemengerotssëtzung vum 19. September 2013 un. Sou bleift d'Kontinuitéit vun der Informatioun garantéiert. De Gemengerot koom am Ganze fir 7 Sëtzungen a 6 Aarbechtssëtzunge vu September 2013 bis haut beieneen. De Gemengebudget 2014 fannt Dir op de Säite 48 bis 53 a groussen Zich resuméiert.

Säit dem 8. Abrëll 2013 ass eis **Sportshal** erëm a Betrib, an d'Schoukanner, d'Maison relais an eis Veräiner suerge mat hiren Aktivitéiten derfir, datt d'Hal vu méindes bis samschdes, an zum Deel och sonndes moies, intensiv genotzt gëtt. Den aussergeriichtlechen Accord, dee mat alle verantwortleche Parteien ausgehandelt ginn ass, fir de Wasserschued ze bezuelen, gouf ofgeschloss an d'Gemeng krut 500.000 vum Gesamtschued rembourséiert (ouni Affekotekäschte wieren dat 94,2% vum Gesamtschued). Domadder ass deen däregen Dossier definitiv ofgeschloss!

De Chantier vum neie **Pompjéesbau a vum neie Gemengenatelier** ass, bis op Detailer, ofgeschloss. Am Fréijoer konnten den techneschen Déngscht vun der Gemeng an den S.I.S Waldbëlleg an hir nei Raimlechkeeten ëmzéien. Elo heescht et, déi staatlech Subsidien ze kasséieren an d'Reschtaarbéchte fäerdeg ze maachen. Duerno kann dee ganze Komplex ageweit ginn, wou Dir da bei enger „Porte ouverte“ d'Méiglechkeet kritt, lech déi nei Gebailechkeeten unzekucken.

## CHÈRES CONCITOYENNES, CHERS CONCITOYENS,

*Nous sommes heureux de vous présenter l'édition 2014 du bulletin communal «DE FUUSS» qui vous informera sur les événements dans notre Commune ayant eu lieu depuis août 2013.*

*Nous espérons que «DE FUUSS» vous plaira et vous souhaitons une bonne lecture! À l'instar de l'année passée, le scanning du code QR à la dernière page vous permet de consulter ce bulletin dans une version électronique.*


*En cette période estivale, la page de **couverture** nous présente un petit renard pendant ses activités de vacances. Vous y constatez aussi que le logo de la Commune a été adapté, ce qui constitue la première étape d'un projet de modernisation de l'image de marque de notre Commune. Dans ce contexte, un film qui présentera la Commune sera installé sur la nouvelle page Internet au courant de l'année 2015. L'élaboration d'une charte graphique et la définition d'une «corporate identity» au niveau de la représentation extérieure de la Commune font également partie de ce projet.*

*Le **compte-rendu politique** concerne le conseil communal qui s'est réuni 13 fois à partir du 19 septembre 2013 (7 réunions publiques et 6 séances de travail). Un résumé du budget communal de l'exercice 2014 vous est présenté aux pages 48 à 53.*

*L'École fondamentale, la Maison relais et les associations locales bénéficient à nouveau des localités du hall sportif depuis sa réouverture du 8 avril 2013; ce hall est accessible du lundi au samedi et même le dimanche matin. L'accord extrajudiciaire ayant eu pour objet de régler à l'amiable le litige avec les parties responsables pour la construction du hall sportif fut approuvé et 500.000 euros furent remboursés à la Commune. Le dossier du litige est définitivement clos.*



*Le **service technique communal** et le **service d'incendie et de sauvetage** ont emménagé dans leurs nouveaux locaux. L'inauguration officielle et l'organisation d'une porte ouverte auront lieu au moment de l'achèvement des dernières démarches administratives et des quelques travaux de finalisation qui restent à faire.*





**D'Renovatioun vun der Waldbëlleger Kierch** geet hire Wee. Et si jo impressionant Fresken rëmfonnt gi bei de Renovatiounsarbechten, an déi si ganz schéi fräigeluecht a renovéiert ginn. D'Kierch ass bannen, am Verglach mat virdrun, bal net méi erëmzerkennen. D'Elektresch ass komplett nei verluucht ginn, eng nei Heizung leeft säit dem leschte Wanter, an nei Plafongsluuchte sinn installéiert ginn. Demnächst fänken bannen a baussen verstärkt d'Holzaarbëchten un (Dieren, Trap, Miwwelen). Da gëtt och un der aler hëlzener Konstruktioun vum Duxall geschafft. Déi muss erneiert a verstärkt ginn. D'Uergelfrënn vu Waldbëlleg hunn äifreg Fonge gesammelt a kënnen, nom Accord vun der Kulturministesch, d'Acquisitioun vun enger bimanualer Päifenuergel mat 11 Regëstere envisagéieren. An enger Réunioun mat der Kulturministesch krute mir den Accord fir ee befuerbaren Accès hannert der Kierch, deen am Kader vun der Erneuerung vun der Hentgesstrooss soll matgebaut ginn. Domadder gëtt dat Gebai besser zougängeg fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit. Da kann een och besser schwéiert Material bei kulturellen Aktivitéiten op d'Plaz kréien. D'Kulturministesch huet d'Iddi vu kulturellen Evenementer an deem Gebai (Concerten, Ausstellungen, Virlesungen, Tagungen etc.), nieft der sakraler Notzung begréisst, an eis duerfir den Accord ginn. Bis den nächste Wanter kënn, musse mir kucken, den Daach dicht an d'Fassade ausgebessert ze kréien. Wéi d'Daacharbechten ugefaang hunn, krute mir leider déi schlecht Noochricht, datt d'Daachdeckung a ganz schlechtem Zoustand ass, d. h. praktesch faul. Mir wäerten deemno net derlaanscht kommen, den Dag komplett nei mat Leeën anzedecken. D'Ënnerkonstruktioun ass awer an der Rei. Och wann dat net ageplangte Méikäschte bedeiten, sou kënne mir awer och hei op ee Subside vu 50% vum Kulturministère zielen, well d'Kierch jo als Monument national klasséiert ginn ass. Mir hoffen, datt d'Renovatioun am Fréijor 2015 kann ofgeschloss ginn. Mir wëllen alle Bedeelegten ee grouse Merci soe fir déi gutt an enk Zesummenaarbecht bei dësem Projet. Nëmme mat de finanzielle Mëttele vun der Gemeng, der Kierchfabréck an dem Staat kann esou ee Renovatiounsprojet méiglech gemaach ginn.

*La rénovation de l'Église paroissiale de Waldbillig progresse; la restauration des fresques historiques a complètement changé l'aspect intérieur de cet édifice récemment classé monument national. Après l'achèvement du renouvellement des installations électriques, du chauffage central, et des plafonniers, c'est le tour aux travaux de menuiserie intérieure et extérieure. La construction en bois de la tribune sera renouvelée et renforcée pour accueillir un orgue. Cet orgue sera acquis par les «Amis de la musique d'orgue» de Waldbillig, dès accord afférent par la Ministre de la Culture. Suite à un autre accord de la part de Madame la Ministre, nous construisons, dans le cadre des travaux de renouvellement de la rue André Hentges, un accès carrossable direct à l'église. Ceci assurera une meilleure accessibilité aux personnes à mobilité réduite et facilitera considérablement l'organisation de manifestations culturelles, parallèlement aux services religieux. À l'approche de la période hivernale, nous concentrons actuellement les travaux sur la réparation de la toiture et la réfection partielle de la façade. Au cours de ces travaux, il s'est avéré que la toiture se trouve en un état pitoyable et qu'une réfection totale s'impose. Ces frais supplémentaires imprévus sont couverts par un subside étatique à raison de 50% qui est accordé grâce au statut de monument national de l'édifice. Nous espérons que tous les travaux de rénovation se terminent au printemps 2015. Nous profitons de l'occasion et remercions tous ceux qui participent à ce projet d'envergure. Du point de vue financier la rénovation d'un édifice pareil n'est réalisable qu'avec le concours de l'État, de la Commune et de la Fabrique d'Église de Waldbillig-Haller.*



No laanger Waardezäit huet de Projet vun der **Erneuerung vun der Hentgesstrooss** endlech ugefaang.



Am Dossier geet vun ongeféier 220 Aarbechtsdeeg riets. Mir hoffen, datt dee Projet a verstännegen Delaie kann ofgeschloss ginn. Nieft dem Accès hannert der Kierch wäerte mir och eng Fernwärmeleitung mat aleen, fir dat Gebai an Zukunft iwwert ee Fernwärmenetz mat Hëtzt ze versueren. D'Iddi fir all ëffentlech Gebailechkeeten zu Waldbëlleg (Sportshal, Schoulen, Maison Relais, Gemengenatelier, Pompjeesbau, Kierch, Gemeng) iwwert esou een Netz mat Holzhack aus den eegene Bëscher ze hëtzen, ass am Kader vum Klimapakt undiskutéiert ginn. Éischt Gespréicher an déi Richtung goufe scho gefouert. Dësen zukunftssträchtege Projet wëlle mir 2015 konsequent ugoen.

Am **Mëllerdall** op der **Millen** gouf eng **Noutfalltrap** installéiert, fir datt de villgenotzte Kärespäicher konform ass mat de gesetzleche Bestëmmungen iwwert d'Sécherheet.

*La réfection des infrastructures collectives de la rue André Hentges a finalement commencé.*



*Nous espérons que ce projet pourra être achevé dans des délais raisonnables. Pour l'église, l'accès carrossable est réalisé et en même temps le raccord à un futur réseau de chaleur à distance. Ce projet aura pour objet de raccorder tous les bâtiments publics de Waldbëllig à un réseau de chaleur à distance utilisant comme combustible des copeaux de bois issus des forêts communales. Les premiers pourparlers pour la réalisation de ce projet ont eu lieu; la planification concrète débutera en 2015.*

*Au Mullerthal, les infrastructures de la «**Heringer Millen**» (**Hierger Millen**) sont maintenant conformes aux dispositions légales de la sécurité par l'installation, notamment, d'une sortie de secours pour la salle «Kärespäicher», avec le soutien d'un subside étatique accordé par le département du Tourisme du Ministère de l'Économie.*



Den Tourismusministère huet der Gemeng e Subside accordéiert fir déi Aarbechten. D'Planunge fir eng **erlebnispädagogesch Spillplaz** um Site vun der Heringer Millen si konkret amgaang. Dëse Projet gëtt och mat LEADER-Gelder ënnerstëtzt. De 5. August 2014 war eng kleng Delegatioun vun der Gemeng sech an Däitschland e Bild maachen, wéi een eng flott Spillplaz aus natierleche Baumaterialie realiséiere kann. An enger Reunioun mat der Ëmweltministesch krut d'Gemeng och de prinzipiellen Accord fir an déi Richtung ze plangen. Well de Mëllerdall gréisstendeels an diversen Ëmweltschutzzone läit, also e ganz sensibel Gebitt ass, si mir eis mat de staatlechen Autoritéite prinzipiell iwwert déi zukünfteg **Ausrichtung vum Mëllerdall** eens ginn. Hei soll, wéi elo schonn, nëmmen eng touristesch Notzung an d'A gefaasst ginn. Neie Wunnraum (Appartementer, nei Haiser, CIPA, etc) soll hei keen entstoen.

Den 1. November huet de Charel Hartmann **d'Brasserie Heringer Millen** (Hierger Millen) als Gérant verlooss. Mir si frou, datt mir mam Marie-Louise Engeldinger a Lars Fiebig zwee nei, jonk a motivéiert Gérantë fir d'Brasserie Heringer Millen gewanne konnten. Sait dem 1. März 2014 versuerge d'Marie-Louise an de Lars eis op der Millen mat gudde Mäifel, nodeems si offiziell de „Mëllerdaller Bräiläffel“ vun der Gemeng iwwerreicht kruten.

*La planification d'une grande aire de jeu à vocation aventureuse et pédagogique sur les terrains adjacents de la «Heringer Millen» a progressé avec le concours financier du programme régional LEADER. Le Mullerthal se trouve dans une zone sensible de protection de l'environnement. Ainsi, nous rencontrons Madame la Ministre de l'Environnement et nous avons eu l'accord de principe pour l'utilisation touristique des terrains disponibles au Mullerthal. Toute affectation non-touristique y sera interdite c.-à-d. il n'y aura plus aucune autorisation pour des unités de logement supplémentaires.*

*Après le départ de Monsieur Charles Hartmann le 1er novembre 2013, nous nous réjouissons que Madame Marie-Louise Engeldinger et Monsieur Charles Hartmann aient repris le bail de la **brasserie Heringer Millen** (Hierger Millen) à partir du 1er mars 2014. La remise officielle des clés sous forme d'une cuillère en bois, dite cuillère du Mullerthal, eut lieu au cours d'une petite cérémonie à la brasserie. Les nouveaux gérants ont suivi leurs études à l'Institut Paul Bocuse et se prévalent d'une expérience professionnelle internationale considérable. Préalablement à la réouverture de la brasserie Heringer Millen, nous avons procédé à divers travaux de rénovation. Nous remercions tous ceux qui ont participé à ce dossier.*



Si sinn allenzwee studéiert an hirem Fach (Institut Paul Bocuse) an hunn trotz hirem jonken Alter eng räich international Erfahrung. Mir hu vun der Iwwergangszäit profitéiert an eng Rei néideg Renovatiounsarbechten un der Brasserie virgeholl. Alle Bedeelegten ee grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung!

Iwwert de Wanter 2013 hate mir geplangt, mam **Chantier fir dat neit Lokal fir eise Club des jeunes** am ale Pompjeesbau zu Chrëstnech kënnen unzefänken. Well sech d'Méiglechkeet vun engem staatleche Subside fir dee Projet erginn huet, hu mir d'Pläng nach eng Kéier op de Leescht missen huelen. Wat mir allerdéngs zu deem Zäitpunkt net wossten, war, datt mir bal 10

*Nous prévoyions déjà en hiver 2014 de démarrer le chantier du **nouveau local pour le Club des Jeunes** dans les anciens locaux du service d'incendie et de secours à Christnach. Or l'opportunité d'obtenir un subside étatique de 60.000 euros a retardé le début des travaux; malheureusement quelque dix mois (!) furent nécessaires aux procédures étatiques afférentes. Les travaux*

Méint hu misse waarden, aus diverse Grënn, bis mir ee Subside vu 60.000 Euro accordéiert kruten. Elo, wou mir de schrëftlechen Accord hunn, kënnen mir d'Commandë passéieren; d'Offere sinn all do an ausgewäert. Den Hierscht kann et endlech do lassgoen. Eis Jugend huet laang genuch missen drop waarden!



D'**Maison relais** zu Waldbëlleg ass konform gemaach gi mat de gesetzleche Bestëmmungen, a mir krute vum Ministère vun der Jeunesse den definitiven Agrément fir d'Bedreiwe vun der Maison relais. Eng Trennwand ass duerfir am grouse Sall installéiert ginn. Dobäi ass festgestallt ginn, datt déi installéiert Akustikplacken net funktionéiert hunn, wat déi onméiglech Akustik an deem Sall erklärt huet. Déi Placken hu misse komplett nei gemaach ginn. Och hei krute mir ee staatleche Subsid. Déi aktuell Luuchten an deem Sall mussen och elo nach an der 1. Septemberwoch ersat ginn, well déi stänneg flackeren a ganz désagréabel sinn, wann ee laang Zäit do verbréngt. Am Schlofsall vun de „Butzen“ ass eng elektresch Verdonkelung installéiert ginn, déi zugläich ee Sonneschutz ass. Sou kënnen déi Kleng eng gutt Mëttesrascht halen.



Wat d'**Flouerweeër** ugeet, ass de Wee beim Fléckenhaff erneiert ginn, och deen an der Laach zu Waldbëlleg a verschidden Deeler vum Flouerwee tëscht Waldbëlleg an Haller.

*administratifs ont finalement abouti et nous sommes maintenant en mesure de passer les commandes.*



*Après la mise en conformité de certains **locaux de la Maison relais** avec les dispositions légales, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a attribué l'agrément d'exploitation définitif à «d'Fiissercher A.s.b.l.», gestionnaire et prestataire des services de la Maison relais. À cette fin, nous avons modifié la «grande salle» en y installant une séparation mobile en bois, prescrite par la loi, et amélioré l'acoustique de la salle par l'installation d'un nouveau plafond mieux adapté. Les plafonniers de cette salle devront être remplacés alors qu'ils vacillent trop et sont très désagréables pour des activités prolongées. Ces travaux seront réalisés au cours de la première semaine de septembre 2014. Afin d'assurer une bonne sieste à nos «petits», nous avons installé des stores occultants qui constituent en même temps une protection contre la chaleur extérieure. Un subside étatique a été accordé à ces fins.*



*Le **revêtement de divers chemins vicinaux et ruraux** a été amélioré comme celui près du lieu-dit «Fléckenhaff» à Haller, celui du chemin menant de la rue Laach à Waldbillig vers Haller et di-*

An der Loetsch zu Chrëstnech ass den Tapis erneiert ginn.



vers réfections du chemin rural entre Waldbillig et Haller. Le revêtement de la rue Loetsch à Christnach a été réalisé au même titre.



Säit dem 1. Januar 2014 gëtt et de **Service Heinzelmännercher an eiser Gemeng**, deen sech un d'Leit iwwer 60 Joer riicht. Dëse Service, dee vum CIR-Mëllerdall organiséiert gëtt, hëlleft de Leit doheem bei Aarbechten, fir déi ee schwiereng eng Firma erbäi kritt (Méien, Fléckaarbechten, Botzen, de Schnéi schëppen, etc.). Dëse Service funktionéiert an de Gemenge Beaufort, Bäerdref, Konsdref a Waldbëlleg. Zéckt net a probéiert dee Service eng Kéier aus! D'Detailer zum Service fannt Dir um Flyer op der Säit 70.

Depuis le 1er janvier 2014, les citoyens résidents âgés de 60 ans et plus, peuvent profiter du nouveau **service dit «Heinzelmännercher»**, qui effectue des travaux d'entretien des alentours du domicile, de petites rénovations, réparations, travaux sanitaires et autres. Il s'agit de travaux de moindre envergure pour lesquels il est difficile d'engager des professionnels. Ce service fonctionne dans les Communes de Beaufort, Berdorf, Consdorf et Waldbillig. Vous trouvez de plus amples informations à la page 70.

Mir hunn an de leschten zwee Joer déi verschidde Spillplaze gebaut, déi eise Kanner vill Freed maachen, an déi och ganz gutt besicht ginn. Fir derfir ze suergen, datt déi Spillplazen ëmmer gutt an der Rei sinn, huet de Gemengerot decidéiert fir dem Service „**Label Sécher Spillplazen**“ bäizetrieden. Dee Service vum Forum pour l'Emploi ënnerhält an Zukunft d'Alentoure bei eise Spillplazen (Méien, Heckeschneiden, Botzen etc.) a mécht regelméisseg Sécherheetskontrolle vun de Spiller. Dat gëtt am Detail dokumentéiert, an all Joer ginn d'Spillplazen kontrolléiert duerch eng extern Firma déi vum Staat fir de Label „Sécher Spillplatz“ agreéiert ass. Dës Démarche garantéiert eis all, datt d'Spillplaze genotzt kënnen ginn, ouni datt ee sech Suergen ëm d'Sécherheet muss maachen.

Ces dernières années, nous avons installé diverses aires de jeux, qui connaissent un grand succès auprès de nos enfants. Afin d'améliorer **l'entretien et la sécurité des aires de jeux**, le conseil communal a décidé d'adhérer à un service y assurant la sécurité et un standard de propreté élevé. Un contrôle régulier des jeux sera effectué, des réfections, rénovations et remplacement de jeux devenus inutilisables seront désormais garantis. Ceci aboutira à l'attribution annuelle d'un certificat de sécurité et de propreté («Label Sécher Spillplazen»). Ce service sera garanti par le Forum pour l'Emploi.

D'Aarbechten am **Zentrum vu Chrëstnech** si gutt virugaang a mir kommen dem Ofschloss méi no.

Au **centre de Christnach**, le chantier a bien progressé. Les travaux de la place supérieure près de l'église sont à peu près achevés.



Den ieweschten Deel vun der Plaz ass esouwäit fäerdeg. Den Accès bei d'Kierch ass elo behënnertegerecht. D'Waasser beim Kiosk leeft, an am Hierscht wäerten eise Fierschter Théo Moulin a seng Leit eng schéi Spillplaz fir kleng Kanner do bauen. D'Spillplaz gëtt esou ofgeséichert, datt de Kuerzzäitparking vir drun net geféierlech ka ginn. D'Gestaltung vun der Plaz gëtt duerno mat Sätzgeleeënheeten an anere klengen ästheteschen Detailler ofgeschloss. Wann de Budget vum Projet et nach zoulisst, envisagéiere mir de Bau vun zwou Behënnerte-Parkplazen, direkt bei der Entrée vun der ieweschter Plaz bei der Kierch. Sou wieren eng Rei Kuerzzäitparkplazen am Zentrum vu Chrëstnech realiséiert. D'Mauer an der Gässel laanscht de Kierfecht muss och stabiliséiert ginn.



D'Aarbechten um neie **Bebauungsplang (PAG)** (plan d'aménagement général) sinn déckevoll am Gaang. Den 2. Deel vun der Emwvltprüfung vum PAG gëtt demnächst ofgeschloss. An enger grousser Versammlung mat Verrieder aus verschidene Ministère, dem Aménagement du Territoire, der Ëmwelt, dem Waasserwirtschaftsamt an der Natur- a Forstverwaltung hu mir d'Eckdate vun eisem neie PAG ofgekläert a mir krute matgedeelt, datt mir do um richtege Wee sinn. Den Ament hunn d'Aarbechten ugefaang fir de PAG och konform ze maache mat de staatleche „Plans sectoriels“, déi een direkten Impakt op de Wuesstem an eiser Gemeng hunn. Generell kann elo scho festgehale ginn, datt keen neien Terrain an de Bauperimeter erageholl gëtt, datt awer och keen Terrain soll erausgeholl ginn. Nëmme liicht Upassung vum Bauperimeter un de Parzellegrenze solle realiséiert ginn. Eng Vergrëisserung vum Bauperimeter an eiser Gemeng ass deemno keen Thema.

**D'Modification ponctuelle vum allgemenge Baureglement** konnt no véier Aarbechtssätzungen am „kleng Grupp“ (Schäfferot a Memberen aus der Administratioun an der Bautekommissioun) an no véier Sätzungen am „grousse Grupp“ (Gemengerot an all Member aus der Bautekommissioun) ofgeschloss an op den Instanzewee geschéckt ginn. No der öffentlecher Prozedur huet de Gemengerot dës Ëmännerungen de 7. Juli 2014 gestëmmt, an den Ament waarde mir op den Accord vum Inneminister, fir datt dës laang erwaarten Ëmännerungen endlech applicabel ginn.

*L'accès vers l'église est assuré pour les personnes à mobilité réduite, le kiosque et le chauffage central à copeaux de bois de l'église et du presbytère sont en place comme également la fontaine reliant la place supérieure et la place inférieure. En automne, notre préposé forestier Théo Moulin et son équipe créeront sur une partie de la place inférieure une aire de jeux pour petits enfants. Cet endroit sera sécurisé de façon à ce que des voitures ne puissent pas y accéder. Cette aire sera encadrée par des bancs de détente et quelques éléments de décoration. Au cas où le budget pour ce projet le permettrait, nous amènerons deux places de stationnement pour personnes handicapées près de la place supérieure. En outre, le mur longeant la ruelle «Gässel» sera partiellement rénové et stabilisé.*



*Outre ces projets d'infrastructure, nous nous sommes dévoués à d'autres dossiers tout aussi importants. Le dossier de la mise à jour de notre PAG (plan d'aménagement général) avec les dispositions légales afférentes est toujours en élaboration et a bien progressé dans divers domaines. Au cours d'une réunion avec des hauts fonctionnaires des départements ministériels de l'Aménagement du territoire, de l'Environnement, de l'Administration de la Gestion de l'Eau et de l'Administration de la Nature et des Forêts, ceux-ci ont exprimé leur accord avec le cadre que nous avons fixé pour nos démarches du PAG. Actuellement, nous analysons l'impact sur notre PAG des «plans sectoriels» que le Gouvernement a récemment présenté. D'ores et déjà, il est entendu que le périmètre d'agglomération actuel ne sera pas élargi, et qu'il n'est pas non plus prévu de retirer des terrains du périmètre de construction actuel. En résumé, il n'y aura pas de nouveaux terrains de construction dans le périmètre de construction. Exceptionnellement, de légères adaptations parcellaires seront effectuées qui résulteraient du caractère spécial de limites parcellaires.*

*Suite à quatre réunions d'un groupe de travail comprenant les membres du conseil échevinal et certains membres de l'Administration communale et de la Commission des bâtisses, suivies de quatre réunions regroupant le conseil communal et la commission des bâtisses, la modification ponctuelle du règlement général des bâtisses de la Commune de Waldbillig a été introduite dans la procédure publique et transmise aux instances*

D'Planunge fir d'Verbesserung an d'Ofsécherung vun eiser **Waasserversuergung** si gutt virugaang.



D'Planunge fir d'Vergréisserung vum Haler Waasserbaseng an fir de Bau vun enger **Réngleitung** fir Haler sinn ofgeschloss (cf. DE FUUSS, 2013, op de Säiten 20-23) an d'Soumissiounsprozedur ass duerchlaaf. Mir kënnen allerdéngs leider nach net ufänke mat Bauen, well no annerhallwem Joer nach net kloer ass, wéi vill staatleche Subside mir fir déi grouss Investissementer am Waasserberäich erwaarde kënnen. Well dëst bei ee puer Milliounen Euro Invest een immens wichtege Punkt ass, wëlle mir eis nët an e finanziellt Abenteuer stierzen, bis d'Fro definitiv vun alle concernéierte Ministère gekläert ginn ass! Soubal déi Fro beäntwert ass, leeë mir mam Bau lass! Dësen Dossier ass administrativ immens komplizéiert a sécherlech e ganz gutt Beispill duerfir, datt verschidde staatlech Prozedure ze vereinfache sinn. Iwwert déi gutt Qualitéit vun eisem Dréinkwaasser kënnt Dir lech ee Bild maachen op de Säite 22 bis 29, wou mir eng Waasseranalyse publizéieren, wéi d'Gesetz et virschreift.

Fir déi gutt Qualitéit erhalen ze kënnen, ass den technéischen Dossier vum **Quelleschutzgebitt** ofgeschloss an an der Tëschenzäit un d'Umweltministesch virugeleet ginn, wou en am Hierscht an déi ëffentlech Prozedur wäert goen (Règlement grand-ducal). Am Laf vun där Prozedur, wäert deen Dossier och an enger Informatiounsversammlung mat de staatlechen Instanzen präsentéiert ginn.

Am Kontext vum **Klimapakt** huet sech am Fréijor 2014 d'Klimateam gegrënnt. An enger 1. Phase besteet dee Grupp aus de Membere vum Gemengerot. Je no Sujet, un deem geschafft gëtt, kann d'Klimateam extern Beroder abannen. Den Ament gëtt eng Bestandsopnam vum Energieverbrauch vun alle kommunale Gebailechkeete gemaach, fir en Iwwerbléck iwwert den Energiebedarf vun allen ëffentleche Gebaier ze kréien. Eréischt wa mir wëssen, wat mir wéini a wou verbrauchen, kënnen mir kucken, wou mir den Hiewel usetze mussen, fir méi energiespuersam ze handelen. Nieft dem Thema Energie besteet de Klimapakt awer aus enger ganzer Rei vun aneren Themen ewéi der Mobilitéit (ë.a. och Verkéierssécherheet), der Versuergung an

étatiques pour avis. Le conseil communal procéda au cours de sa réunion du 7 juillet 2014 au vote définitif des modifications opérées; nous attendons actuellement l'approbation définitive du Ministre de l'Intérieur. De multiples modifications et précisions textuelles du règlement des bâtisses, attendues de longue date, entreront dès lors en vigueur, probablement avant la fin de l'année 2014.

Les planifications du projet d'envergure ayant pour objet la **sécurisation et l'amélioration de l'approvisionnement en eau potable** dans notre Commune et l'amélioration et l'extension des infrastructures d'eau ont été continuées. Les dossiers concernant l'extension du bassin central d'eau à Haller (cf. DE FUUSS, 2013, pages 20-23) et la construction d'un «bypass» pour la conduite d'eau à Haller sont achevés. Les procédures de la soumission des prix pour ces projets sont terminées et nous pourrions passer commande si ce n'était que, même après un délai d'attente d'un an et demi, les instances étatiques compétentes ne peuvent toujours pas nous signaler l'envergure exacte des subventions étatiques pour ce projet d'investissement de plusieurs millions d'euros. Or, il nous paraît rocambolesque de nous lancer dans ce projet ayant une dimension financière particulièrement importante sans connaître le montant du subside de l'État. Du point de vue administratif, le dossier en question s'avère compliqué, les procédures sont lourdes et beaucoup de patience est demandé à quiconque y est engagé. Une simplification administrative des procédures serait salutaire afin de pouvoir avancer plus rapidement dans ce dossier particulièrement important de l'approvisionnement en eau. Vous pouvez vous renseigner sur la qualité des sources fournissant l'eau potable à la grande majorité de nos citoyens aux pages 22 à 29.

L'étude détaillée sur la délimitation d'une **zone de protection des sources d'eau** a été achevée et transmise pour avis à Madame la Ministre de l'Environnement. Le dossier vise l'obligation de la protection des sources d'eau du Mullerthal, à prescrire par un règlement grand-ducal. Ce règlement grand-ducal prévoira des mesures de protection de nos sources d'eau afin de garantir les contrôles renforcés pour que la qualité de l'eau puisse être maintenue. Le moment venu, une séance d'information publique sera organisée avec le concours des instances étatiques compétentes.

Dans le cadre du **projet pacte climat entre l'État et la Commune de Waldbillig**, le «groupe climat communal» s'est constitué en printemps 2014. Dans une première phase, ce groupe se compose des membres du conseil communal. Selon les sujets traités, le conseil se propose de faire adhérer aux travaux du groupe des experts externes. Actuellement, nous dressons les bilans énergétiques de tous les bâtiments communaux, afin d'en déduire des pistes de réduction des besoins énergétiques primaires. En sus du volet de l'énergie, le programme du pacte climat regroupe tous les sujets du management durable d'une Commune. Ainsi, les domaines de la mobilité (e.a. aussi la sécurité routière), de l'approvisionnement, des déchets, des communications internes et externes y sont également traités et ce dans un paquet de 79 mesures possibles, assurant un développement durable de la Commune. Pour de plus amples renseignements détaillés sur le programme étatique «pacte climat», nous vous recommandons de consulter l'adresse Internet [www.pacteclimat.lu](http://www.pacteclimat.lu). L'engagement de la Commune dans les différents domaines d'action sera répertorié dans le système pacte climat (sys-

der Offallpolitik, der interner an externer Kommunikatioun vun der Gemeng, also engem ganze Pak vun 79 Mesuren, un deene Schrëtt fir Schrëtt geschafft ka ginn, fir eng nohalteg Gestaltung vun eiser Gemeng. Fir méi detailléiert Informatiounen iwwert de Klimapakt kënnt Dir lech gären informéieren um Site **www.pacteclimat.lu**. Ee staatlech subventionéierten externe Beroder hëlleft dem Gemengerot bei dësen Aarbechten (Thomas Rünenberger vun der Firma EKOS säit dem 1. Juli 2014, do virdrun den Claude Reiter).

## KlimaPakt

meng Gemeng engagéiert sech

Bis Mëtt 2015 versiche mir den 1. Level vun der Klimapakt-Zertifizéierung errechen ze kënnen. Nieft 200 Stonnen fir extern Beroder stelltde Staat dofir all Joer 10.000 Euro Subside; a je no Zertifizéierung kommen nach eng Kéier Sue pro Awunner derbäi, déi dann erëm kënnen investéiert ginn a Projeten, déi der Gemeng zegutt kommen. Ee vun de Kärprojeten wäert sécherlech dat virdu genannt Zentralwärmenetz ginn, fir all öffentlech Gebailechkeete vu Waldbëlleg mat lokalem Holzhack ze hëtzen (et ass viergesinn fir den alen Gemengenatelier an déi al Gemeng ze verkafen). Mir hoffen, datt mir dee Projet bis 2017 fäerdeg realiséiert hunn.

D'Aarbechten um neien **Verkéiersreglement** hunn den 21. Juli 2014 ugefaang. An engem Aarbechtsgrupp, deen aus de Membere vum Schäfferot, vun 2 Conseilleren an engem externe Spezialist vun der Police Grand-Ducale, an zugläich Awunner vun eiser Gemeng, besteet wëlle mir déi Aarbechten séier virubrénge, fir datt mir deen Dossier op den Instanzewe kënne ginn. Dräimol ass de Grupp scho beienee komm bis elo. Mir hoffen, datt déi nei Mesuren 2015 a Kraaft triede kënnen. All Schëld gëtt hei op de Leescht geholl a Sënn an Zweck gëtt hannerfrot. Den Zougang zu verschiddene Stroossen a Weeër gëtt analyséiert, 30-er Zonen a Wunnstroosse sollen agefouert ginn, an de Verkéier ronderëm a bei de Schoule gëtt analyséiert a soll verbessert ginn. An deem Kontext gouf iwwert de Klimapakt och eng kleng Etude virgeholl vu Studente vun der technescher Universitéit vu Kaiserslautern am Kader vun enger Bacheloraufgab, déi speziell de Verkéier bei de Schoulen analyséiere sollten. Dës Etude huet eis knapp 500 Euro kascht (d'Ënnerbréngung vun de Studenten an der Jugendherberg) an d'Resultater dovunner kréie mir am Hierscht virgestallt. Mir kréien d'Verkéiersproblematik net definitiv geléist, dat ass onméiglech, mee Zil vun der Erneuerung vum Reglement ass zumindest eng Verbesserung vun der jëzeger Situatioun. Natierlech wäerte verschidden Upassungen och fir verschidde Leit eng Ännerung vun hire Gewunnechte bedeiten. Ouni dat brauche mir awer guer net vu Verkéiers-sécherheet ze schwätzen. Am deem Beräich si mir all guferdert.

Zum Schluss nach d'Informatioun, datt am Alzheimerzentrum zu Ierpeldeng, wou eis Gemenge en Urecht op 2 Betreuingssplazen huet, nach eng Plaz disponibel ass. Falls een Awunner aus eiser Gemeng sech heirwuer informéiere wëllt, da kann e sech am Gemengesekretariat mellen.

tème à points) et aboutira à une certification internationale, prouvant l'engagement de la Commune pour le développement durable au niveau communal et pour l'utilisation rationnelle de l'énergie. Ce programme s'étale sur plusieurs années jusqu'en 2020. En vue d'atteindre les objectifs, décidés par le groupe climat (en l'occurrence le conseil communal), l'État met à la disposition des Communes participantes un conseiller climat externe (200 heures par année, actuellement Monsieur Thomas Rünenberger de l'entreprise EKOS) et y rajoute des subsides (10.000 euros par an = subside de base et subside supplémentaire par habitant pour chaque level de la certification atteint). Nous comptons atteindre le premier niveau de la certification précitée au cours de l'année 2015.

## PacteClimat

Ma commune s'engage pour le climat

Un des projets-phares dans le contexte du pacte climat sera la réalisation d'un réseau de chaleur à distance, permettant de chauffer les bâtiments communaux par le biais d'un chauffage central à copeaux de bois. Nous espérons réaliser ce projet dans son intégralité jusqu'en 2017.

Dans le cadre de la **sécurité routière**, les travaux d'élaboration d'un **nouveau règlement de circulation** pour notre Commune ont débuté le 21 juillet 2014. Un groupe de travail s'est constitué à cet effet, se composant des membres du conseil échevinal, de deux conseillers communaux et d'un expert externe, membre de la Police Grand-Ducale et résident de Christnach. Depuis lors, le groupe se réunit régulièrement (trois fois jusqu'alors) en vue d'aboutir aux conclusions dans les meilleurs délais possibles. Actuellement, le groupe fait une analyse de l'existant. Chaque panneau routier sera répertorié. Il sera vérifié si le panneau ou le passage piéton est juridiquement couvert par le règlement de circulation. Il est prévu de créer des zones à vitesse réduite de 30 km/h dans les zones d'habitation. L'analyse des flux des voitures autour de nos écoles sera effectuée et des propositions d'amélioration seront analysées. À cet effet, une première étude fut menée par des étudiants de l'Université technique de Kaiserslautern. Cette étude, au coût très modéré (500 euros pour l'hébergement des Jeunes) fut organisée dans le cadre d'un projet pacte climat dans les Communes de Bissen, Waldbillig (sécurité routière) et de Mompach (approvisionnement). Nous n'arriverons pas à résoudre le problème de l'excès de vitesse de certains utilisateurs de la route, mais l'objectif principal de la réforme de notre règlement de circulation actuel, qui date des années 80, est d'apporter une amélioration à la situation actuelle. Nous savons d'ores et déjà que certaines des mesures envisagées se heurteront aux habitudes de certains citoyens. Il faudra revoir certaines habitudes qui ne sont plus justifiables à notre époque. La sécurité nous concerne tous.

Nous signalons que, depuis des années, la Commune de Waldbillig dispose pour ses citoyens de deux places prioritaires au Centre de séjour et de soins Alzheimer à Erpeldange. Actuellement, une place de soin est disponible. Les personnes qui voudront recevoir de plus amples renseignements pourront s'adresser à l'Administration communale.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, u villen Dossiere gëtt geschafft. Mir komme just aus diverse Grënn zäitlech net ëmmer esou gutt virun, wéi mir eis dat wënschen. Zum gréissten Deel huet dat mat den onméiglech schwierige Prozeduren ze dinn! De Gemengerot ass vum 19. September 2013 bis haut a 7 Gemengerotsséitzungen an 6 Aarbéchtsséitzunge beienee komm, nieft 2 Séitzunge vum Klimateam. De 7. Juli 2014 war de Gemengerot, no senger ëffentlecher Séitzung, nach ee ganzen Dag beieneen, fir déi aktuell Chantiere kucken ze goen, an iwwert déi aktuell an déi nächst Projeten ze débattéieren. Mir soen alle Conseilleren e grouse Merci fir hiren Asaz an déi gutt a fruchtbar Zesummenaarbecht

Mir wëllen doriwwer eraus alle Leit, déi berufflech oder benevol an der Gemeng oder an de Veräiner matgehollé hunn, fir eis schéi Gemeng virunzebréngen an d'Servicer auszebauen, ee grouse Merci soen, fir hiren onermiddlechen Asaz an déi gutt Zesummenaarbecht!

Nieft all deene Projeten, un deene geschafft gëtt, dierf net vergiess ginn, datt 2014 ee ganz wichtegt Joer vun der Erënnerung ass. Den 2. August 2014 sinn et genee honnert Joer hier, datt ganz Lëtzebuerg occupéiert ginn ass am 1. Weltkrich. Iwwert dat schrecklecht Kapitel vum 1. Weltkrich kënt Dir lech op de Säite 176-195 informéieren. **Da sinn et och 70 Joer hier, datt eis Gemeng ënnert der batterer Epreuve vun der Ardenenoffensiv (Rundstedtoffensiv) gelidden huet. Elo schonn biede mir lech virzemierken, datt vum 27. bis den 30. November eng feierlech Commemoratioun am eiser Gemeng gehale gëtt. Ee fräiwëllegen Aarbechtsgrupp bekëmmert sech den Ament ëm d'Organisatioun vun dëse Feierlechkeeten. Dir sidd all, a speziell d'Veräiner, agelueden, fir samschdës, den 30. November 2014 um 18.30 Auer an d'Rue Laach op Waldbëlleg ze kommen, wou een Erënnerungscortège fortgeet, laanscht d'Krichsmonument bei der aler Gemeng bis bei d'Monument op der Waldbëlleger Kopp. Méi Detailler iwwert d'Commemoratiounsfeierlechkeeten 2014 kommen am Hierscht no, a ginn lech an d'Haus geliwwert.**

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, mir wënschen lech all an Äre Familljen ee puer schéin an erhuelsam Momenter dëse Summer! Bleift gesond a monter!

Äre Schäfferot,

**Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen a Jean-Luc Schleich**

*Chères concitoyennes, chers concitoyens, nous travaillons sur un grand nombre de dossiers. Or, nous ne sommes pas satisfaits de certains résultats de nos efforts, notamment pour ce qui est des délais dus à la lourdeur procédurale de part et d'autre. Le conseil communal s'est réuni depuis le 19 septembre 2014 lors de 7 séances publiques, 6 séances de travail et deux séances pacte climat. En outre, le conseil communal se rassemblait tout au long de la journée du 7 juillet 2014 pour visiter les chantiers en cours et discuter des projets actuels et à venir. Nous remercions tous les conseillers communaux pour leur collaboration fructueuse et leur dévouement!*

*Nous remercions également toutes les personnes qui se sont engagées professionnellement ou bénévolement au sein de notre Commune. Ce n'est que par leur travail et leur dévouement pour la cause publique que nous arriverons à améliorer constamment les services communaux.*


*Enfin, nous profitons de l'occasion pour vous signaler que 2014 est l'année d'anniversaire de maints événements remarquables de l'histoire du Grand-Duché de Luxembourg qui méritent d'être rappelés au niveau local à la mémoire collective. Ainsi, il y a cent ans, le Luxembourg fut occupé à partir du 2 août 1914 au début de la Première Guerre Mondiale. En décembre 2014, nous célébrerons aussi les 70 ans depuis la fin de la bataille des Ardennes qui ravageait notre pays et tout particulièrement notre Commune pendant la Deuxième Guerre Mondiale. **Dans ce contexte, nous vous signalons d'ores et déjà que la Commune de Waldbilleg, avec le concours d'un groupe de volontaires, prépare des célébrations commémoratives qui auront lieu du 27 au 30 novembre 2014. Veuillez noter que le samedi, 29 novembre 2014 aura lieu une «grande marche commémorative», avec le rassemblement des groupes, associations et intéressés dans la rue Laach à 18.30 heures.** Des renseignements détaillés vous fournis en automne par courrier à tous les ménages.*

*Chères citoyennes, chers citoyens, nous vous souhaitons de prendre l'exemple du petit renard sur la page de couverture et de passer ainsi d'excellents moments de détente en cet été.*

Portez-vous bien!

Votre conseil échevinal,

**Anrée Henx-Greischer, Serge Boonen et Jean-Luc Schleich**





## DE LOGO VUN DER GEMÉNG GOUFF IWERSCHAFFT


// eng kuerz Erklärung zu der grafescher Erneierung vum Gemengelogo



Dem Schäfferot säi Wunsch war et a nächster Zukunft fir d'Gemeng eng komplett nei "Charte Graphique" (Corporate Identity) entwéckelen ze loossen. Den Ufank vun all "Corporate Identity" ass de Logo.

Fir den Erëmerkennungswäert vum "ale" Logo bäizebehalen, hu mir kee komplett neie Logo kreéiert. D'Symbolik an d'Form vum Fuuss hu mir gehalen an hunn aus engem 2D Logo eng Illusioun vun engem 3D-Fuuss entwéckelt.

Aus enger (1) Faarf sinn et der fënnef (5) ginn. D'Grondfaarf ass déi selwecht bliwwen wéi och beim Virgänger. Dobäi komm sinn zwee weider Téin vun der Grondfaarf, zwee Beige-Téin an eng ganz Hell-Gro.



*De Faarwekreess zum Logo*

Virun e puer Joer wier esou een Logo net optimal gewiescht, mee duerch d'technesch Weiderentwécklung, ass di allgemeng Qualitéit vun der Duerstellung vu Grafiken, sief et als Drock, Kopie, um Computerbildschirm oder um Smartphone drasteg eropgaangen, soudass e méi komplexen Logo op alle Mediumem eng propper Duerstellung behält.

D'Schrëft ass minimal verännert ginn. D'Distanz tëschent de Buchstaven gouf vergréissert fir eng besser Lieserlechkeet an méi Effekt ze erhalen.

Mir hoffen Iech gefällt eis dezent Upassung um Logo a wënschen Iech heimat och vill Freed beim Liesen a Betruechten vum DeFuuss 2014.


*Lynn Weydert, GR-ink*



*Déi nei Kompositioun vum Logo*

# IN TE RN

INFOS INTERNES





**WALDBËLLEG**  
D'GEMENG



## DEN TECHNESCHEN DÉNGSCHT AUS EISER GEMENG

**Am Déngscht vun der Gemeng heescht am Déngscht fir Iech!**

Nom Motto: d'Gemeng huet ee Gesiicht, wëlle mir Iech hei ënnendrënner d'Kollegin an d'Kollegen aus dem techneschen Déngscht virstellen. Sie schaffen all Dag an de Coulisse vun eiser Gemeng, a suergen derfir, datt d'Gebailechkeeten an d'Alentoure vun der Gemeng an der Rei gehale ginn. Si flécken, botzen, netzen, méien, kieren, bekëmmere sech em d'Grief, em d'Ofwaassernetz an d'Waasserversuergung, hëllef bei Begrieffnisser, hëllef bei Manifestatiounen, verschéinere eis Gemeng, a.s.w.. Sie sinn ëmmer hëllefsbereet an derbäi nach eng Equipe, déi sech ënnerenee ganz gutt versteet.



**Fernand Huss** *Préposé vun techneschen Déngscht*



**Léon Neumann** *Préposé-adjoint vum techneschen Déngscht*



**Jemp Olinger**



**Melanie Nussbaum**



**Roland Wagner**



**Luc Klein**



**Laurent Becker**



**Joao Ferreira Nunes**



## HÄERZLECH WËLLKOMM BEI EIS!

Den 1. Juni 2014 gouf eis Administratioun duerch den Här Filipe Soares vu Miedernach verstärkt.

De Filipe Soares ass studéierte Bauingenieur (TU Kaiserslautern) an huet sech op eise fräie Posten vum Ingenieur-technicien gemellt. Mir si frou, datt de Filipe direkt als Employé bei eis an der Gemeng ufänke konnt. Hien wäert nach een Exame misse maachen, fir dann d'Carrière vum Gemeindebeamten aschloen ze kënnen.

De Filipe ass zoustänneg fir de „Service des bâtisses“, also fir all déi privat Baudossieren, déi eragereecht ginn an d'Gemeng. Promoteuren, Architekten a Privatleit, déi eppes plangen, kënnen Kontakt mam Filipe ophuelen, fir an enger éischter Phase Erklärungen zu eise Bautegementer ze kréien.

De Filipe assuréiert an Zukunft de ganzen administrative Suivi vun de private Baudossieren. Doriwwer eraus assuréiert de Filipe d'Bautepolice. Leider bauen ëmmer méi Leit haut Saachen ouni Autorisatioun, respektiv d'Baugenehmegunge ginn net agehalen! D'Gemeng assuréiert regelméisseg Kontrollen, fir derfir ze suergen, datt d'Bauteregulung vun all Mënsch agehale gëtt! Wann Dir net sécher sidd, woufir een alles eng Genehmegung brauch, steet de Filipe lech gären Ried an Äntwert!

De Filipe assuréiert dann och, zesumme mam Schäfferot, de Suivi vun den Infrastrukturprojete vun der Gemeng. Duerch seng technesch Ausbildung a seng professionell Erfahrung aus dem Privatsecteur hëlleft hien der Gemeng virun. Wann Dir Froen zum Bautegement hutt oder eng Iddi vun engem Projet beschwätze wëllt, dann zéckt net de Filipe Soares ze kontaktéieren um 83 72 87 – 27 oder via Mail ënnert [batisses@waldbillig.lu](mailto:batisses@waldbillig.lu)

Mir wënschen dem Filipe vill Freed a berufflech Erfëllung bei eis an der Gemeng Waldbëlleg!

L.S.



## MIR SOE MERCI FIR LAANGJÄREG DÉNGSCHTER FIR D'GEMENG!

Den 1. Juli 2004 huet d'**Chantal Boubert-Donatelli** bei eis an der Gemeng ugefaangen, wou hat während 10 Joer ee ganz gudden Déngscht geleeest huet.

Vill Kanner sinn an all deene Joren vum Chantal mam Schoulbus transportéiert ginn. D'Chantal hat ëmmer een opent Ouer fir „seng Kanner“ an hir Elteren a war ganz beléift bei hinnen all. D'Chantal war als Chauffeuse de Bus an der Gemeng agestallt, an dernieft huet hat nach am Beräich vum Entretien vun de Gebailechkeete geschafft.

De 15. Juli 2014 huet d'Chantal an er Gemeng opgehal mat schaffen, fir enger neier Aufgab kënnen nozegoen.

Mir wëllen dem Chantal fir säin Déngscht an der Gemeng ee ganz groussen an härerleche Merci soen, a wënschen him all Guddes bei senger neier berufflecher Erausfuorderung!

De 15. September 1996 huet d'**Mady Mannon-Roeff** (op der Foto 1. v. l.) bei eis an der Gemeng ugefaang Schoul ze halen. Mat vill Begeeschterung an engem immensen Engagement huet d'Mady als Chargée während 18 Joer vill Kanner an eiser Schoul erlieft, an hinne Villes bäibruecht. Säin Engagement ass nieft dem rengen Schoulhale bei villen ausserschouleschen Aktivitéite viru gaang. Sou huet d'Mady ganz aktiv matgeholf d'Schoulbibliothék op d'Been ze setzen an während gewësser Zäit ze geréieren. Och beim Opbau vum Sentier pédagogique hannert der Schoul huet d'Mady ganz aktiv matgeschafft.

Leider hu mir dem Mady dëst Joer de 15. Juli missen Äddi soen, well déi aktuell gesetzlech Prozeduren eis et leider net erméiglecht hunn, fir, datt d'Mady konnt weider bei eis Schoul halen! Mir bedauern zudéifst, datt eng laangedéngte Chargée no esou laanger Zäit net kënne bei eis an der Gemeng bleiwen, fir hiert Wëssen ëm d'Gemeng an hir laangjäreg Erfahrung weider mat neien Enseignanten deelen ze kënnen. Mir wënschen dem Mady fir seng berufflech Zukunft all Guddes!



Dann konnt och aus prozedurale Grënn d'**Sylvie Mousel** (Foto 3, v. l.) net méi wéi ee Joer bei eis bleiwen. D'Sylvie huet sech wonnerbar an d'Schouléquipe integréiert, sou, datt et schued ass, datt si just ee kuerzen Openthalt bei eis an der Gemeng konnt hunn. Mir wäerten d'Sylvie Mousel awer a ganz gudder Erënnerung behalen a wënschen hir fir hir weider berufflech Zukunft selbstverständlech och all Guddes!

Da sief op dëser Plaz och speziell dem **Sandra Thines** (Foto 2. v. l.) ee ganz groussen an häerzleche Merci gesot fir säin immensen Engagement als Presidentin vum Schoulcomitée. D'Sandra ass eng immens Hëllef fir d'Administratioun bei alle schoulesche Froen, a mir op der Gemeng si frou, datt mir esou eng aktiv an hëllefsbereet Schoulpresidentin hunn. D'Sandra huet säi Mandat dëst Joer verlängert kritt an der Schoul, a mir si frou, fir och an Zukunft weiderhin esou onkomplizéiert a gutt matenee viruschaffen ze kënnen.

L.S.



WALDBËLLEG  
D'GEMENG



## KLIMAPAKT IN DER GEMEINDE WALDBILLIG

Die Gemeinde Waldbillig ist am 27. Dezember 2012 dem Klimapakt beigetreten. Mit diesem Beitritt hat sich die Gemeinde dazu verpflichtet ein Qualitätsmanagementsystem nach den Richtlinien des European Energy Award, einzuführen und umzusetzen um eine Reduktion der Treibhausgase (CO<sub>2</sub>) zu erreichen. Die Gemeinde Waldbillig möchte so ihren Beitrag an den nationalen Richtlinien im Bezug auf nachhaltige Entwicklung und nachhaltigen Energieverbrauch leisten.

Zu diesem Zweck gibt es einen Maßnahmenkatalog mit 79 Maßnahmen in den Themenbereichen Entwicklungsplanung und Raumordnung, Kommunales Energiemanagement, Versorgung und Entsorgung, Mobilität, Interne Organisation, Kommunikation und Öffentlichkeitsarbeit. Diese müssen analysiert werden um die Stärken und Schwächen der Gemeinde hervorzuheben und je nach Bedarf bei dem einen oder anderen Punkt aktiv zu reagieren.

**16.05.2014** Bronner Andrée *Haller*  
**28.05.2014** Kalmes Jean Marie Maurice *Haller*  
**02.06.2014** Schuller Ferdinand *Waldbillig*  
**18.06.2014** Turk Paul *Waldbillig*  
**20.07.2014** Spirkel Lucie *Freckeisen*  
**26.07.2014** Gliedner Louis *Waldbillig*  
**07.08.2014** Tossing Henri *Freckeisen*



## EE BAM FIR ALL NEIGEBUEREN AUS DER GEMENG VUM JOER 2013

Mëttwoch, 12. März 2014 um 18.30 am Veräinsbau zu Chrëstnech

All Joer kommen traditionell eng Rei Elteren der Invitatioun vun der Gemeng no, fir an enger klenger Feierstonn den Neigebueren vum vergaangene Joer ee Bam z'iwwerreechen.

Och dëst Joer koumen den 12. März 2014 déi meescht Kanner vum Joergang 2013 mat hiren Elteren bis an de Veräinsbau op Chrëstnech, wou hinne symbolesch hire Bam, deen si sech virdrun erausgesicht haten iwwerrecht gouf.

De Schäffen- a Gemengerot huet déi nei Matbiergerinnen a Matbierger an hir Elteren häerzlech Wëllkomm geheescht, an a senger Usproch huet de Buergermeeschter de Kanner all Guddes gewënscht fir hir Zukunft an, datt si, wéi hire Bam, wuessen, grouss a staark gi sollen. Den Elteren huet hie felicitéiert an hinne vill Freed mat hire Kanner gewënscht.

Dem Message: „Et sinn déi ongezielten, wonnerschéi Momenter, déi d'Liewe mat engem Kand sou eenzegaarteg maachen. D'Kanner ginn eisem Liewen ee Sënn, si brénge Sonn an eis Häerzer, si sinn onvergläichlech!“ gouf vun allen uwiesenden Erwuessenen zougestëmmt.

D'Gemeng versicht och weiderhin den Elteren an hire Kanner d'Liewen an eiser Gemeinschaft esou agreabel wéi méiglech ze gestalten.

De Schäffen- a Gemengerot wënscht allen Neigebueren 2013 an hiren Elteren all Guddes, Gléck an Zefriddenheet a virun allem eng gutt Gesondheet!

D'Kanner vum Joer 2013 hu sech folgend Beem erausgesicht:

**Loui Almeida Azevedo** ee *Kiischtebam*

**Anne Christnach** ee *Kiischtebam*

**Noah Conjaerts** /

**Finn Ernzer** ee *Kiischtebam*

**Bianca Estrela Santos** /

**Sidney Patrick Pierre Faber** eng *Eech*

**Yannick Gonçalves** ee *Kiischtebam*

**Iara Guedes Costa** ee *Kiischtebam*

**Lou Halsdorf-Valleriani** ee *Kiischtebam*

**Chayenne Hostert** /

**Mikael Minh Quyen** /

**Yanic Mayer** ee *Kiischtebam*

**Sophie Meyers** ee *Kiischtebam*

**Liz Moreira** een *Nëssert*

**Maximilian Candido Muszalski** ee *Kiischtebam*

**Noah Osorio** /

**Bryan Pinho Silva** ee *Kiischtebam*

**Sophie Schroeder** ee *Kiischtebam*

**Tunn van Meel** een *Nëssert*

**Jason Weis** ee *Kiischtebam*

**Mia Marie Virginie Wies** ee *Kiischtebam*

**Greg Guillaume Arthur Wies** een *Nëssert*





## GROSS BOTZ AN EISER GEMENG

3. Mee 2014

Den 3. Mee 2014 koumen 51 Erwuessener a Kanner a Jugendlecher Moies um 9.00 Auer bei de Garage vun der Maison relais fir déi traditionell Grouss Botz an eiser Gemeng beieneen, déi och dëst Joer rëm vun de Pompjeeën, dem Syndicat d'Initiative an der Gemeng organiséiert gouf.

Schoulkanner mat hiren Elteren, Privatleit a Memberen vu ville verschiddene Veräiner aus eiser Gemeng hu sech bereet erklärt, fir den Dreck, deen aner Leit rücksichtslos an eis Natur geschmass hunn, rëm anzesammelen ze goen. All Joer ginn iwwert dat ganz Land Tonnen vun Dreck aus dem Auto geworf an dat kascht de Staat Milliounen Euroën fir d'Grief laanscht d'Stroossen an d'Autobunnen rëm propper ze kréien. Dee sougenannte „Littering“ verursaacht deemno, nieft der immenser Ëmweltverschmutzung, vill Schued. Fläschen, Béchsen an aner Geschir, wat rücksichtslos an d'Stécker geschmass gëtt, mécht och eise Baueren d'Maschinne futti oder sinn eng Verletzungsgefor fir d'Véi op der Weed!

Bei der Grousser Botz wollten déi uwiesend Fräiwëlleg een Zeeche setzen, datt mir eis géint déi „Sauerei“ vum Littering an der Récksiichtslosegkeet vu verschiddene Leit wieren. Och wann dës Botz all Joer just eng Drëps Waasser op de waarme Steen ass, sou weist déi symbolesch Aktioun awer, datt mir eis Gemeng propper hale wëllen! Bei enger gudder Taass Kaffi an engem Croissant gouf sech fir 't éischt gestärkt, éier verschidden Gruppen den Dreck oprafe gaange sinn laanscht déi meeschtbefueren Stroossen a Weeër an eiser Gemeng. Déi 51 Leit hunn an deenen 2,5 Stonnen wéi bal all Joer nees bal 1 Tonn Dreck opgeraf!

Beim gemittleche Patt an enger gudder Spaghetti gOUNG dës gelongen Aktioun bei schéinem Wieder op een Enn. All Participant war zefridden, mais erschreckt iwwert déi Quantitéit un Dreck, déi an där kuerzer Zäit gesammelt gouf. Hinnen all sief op dëser Plaz nach eng Kéier ee grouse Merci gesot fir hir Mathëllef an dem Syndicat ee grouse Merci fir d'Panneauën laanscht d'Hauptstroossen op dësem Dag!

Mir ruffen Iech all elo schonn op, dat nächst Joer och bei dëser Aktioun matzemaachen.

**ZESUMMEN EEN ZEECHE SETZEN GÉINT DE LITTERING – MIR WËLLEN EIS GEMENG PROPPER HALEN!**

L.S.





## KÖHLERWOCHE IN DER GEMEINDE WALDBILLIG

In dem transnationalen LEADER-Projekt „Forest Project“, dessen Projektträger die Regional Initiative Möllerdall – RIM a. s. b. l. ist und das zusammen mit der Naturverwaltung durchgeführt wird, geht es unter anderem um die Förderung alter Holzhandwerke. Die Köhlerei ist ein Handwerk, das in Luxemburg seit der Eisenzeit ausgeübt wurde. Damals brauchten die Kelten Holzkohle um ausreichend hohe Temperaturen zur Eisenherstellung zu erzeugen. Im 19. Jahrhundert war durch die aufstrebende Eisenindustrie Luxemburgs Holzkohle so gefragt, dass ganze Wälder abgeholzt wurden. Mit der Verbreitung der energiereicheren Steinkohle, starb der Beruf des Köhlers aber weitgehend aus.

Da die Naturverwaltung für Demonstrationszwecke bereits Kohlemeiler gebaut hat und es an der Köhlerei interessierte Personen in der Region gab, kam im diesem LEADER-Projekt das Thema Köhlerei auf. In der Partnerregion Västlöst in Schweden fand sich ein Köhler, der seit über 20 Jahren für die Kohleherstellung in dem Museumsdorf Gammelvala zuständig ist. Nach einem Vortreffen mit einigen Beteiligten erklärte sich Göran Johansson bereit nach Luxemburg zu kommen und den an der Köhlerwoche teilnehmenden Personen die Herstellung von qualitativ hochwertiger Holzkohle beizubringen.

Am 9. September startete die Köhlerwoche und bereits am zweiten Tag war der erste von zwei Meilern fertig. Am dritten Tag wurde dieser Meiler durch Herrn Baron de Schorlemer in Brand gesetzt. Von da an musste der Meiler rund um die Uhr von mindestens zwei Personen bewacht werden. Alle ein bis zwei Stunden wurde kontrolliert, wie weit die Verkohlung vorangeschritten ist und aufgrund dessen musste die Luftzufuhr verändert werden. Außerdem mussten entstandene Risse geschlossen werden und der gesamte Meiler etwas komprimiert werden, damit er nicht mit einem Mal in sich zusammenfällt. Diese Arbeiten waren personal- und zeitaufwändig. Die lokalen Förster mit ihren Mannschaften gingen die Köhlerei aber mit viel Engagement und Motivation an. Nicht zu vergessen sind die zahlreichen Anwohner, die die „Köhler“ mit Essen, Getränken und Unterhaltung versorgt haben.

Nach fünf Tagen konnte der erste Meiler geöffnet werden. Dies war eine heiße, rauchige und anstrengende Arbeit. Mit Spannung wurde erwartet, wie die Kohle geworden ist. Der Köhler bewertete die Qualität anschließend als sehr gut. Die Holzkohle aus Buchenholz aus dem Gemeindewald ist frei von Schadstoffen und hält die Hitze für ca. 2 bis 2,5 Stunden. Diese hervorragend zum Grillen geeignete Holzkohle ist im LEADER-Büro in der 30, route de Wasserbillig in Echternach bei der Regional Initiative Möllerdall – RIM a.s.b.l. (**26 72 16 30, [juliana.reichert@leader.lu](mailto:juliana.reichert@leader.lu)**) für 9 € pro Tüte erhältlich.



T.M.





## KUELEMEILER ZU WALDBËLLEG

Am Kader vum transnationalen Leader Projet zum Thema Bësch gouf zesummen mat der Naturverwaltung de Beruff vum Kueler rëm ervirgehewen. Vum 9 September 2013 bis den 19 September 2013 goufen zwee Kuelemeilern ob « Lemprecht » ze Waldbëlleg opgericht. Nierwt de Bëschaarbechter huet ee Kueler aus Schweden während dëser Zäit mat Hand ugeluecht a säi fachlecht Wëssen un ons weiderginn.

D' Holz wat hei genotzt gouf kennt aus onse regionale Bëscher an et goufen am ganzen 40 Ster Holz fir déi zwee Meilern verschafft.

Den Opbau vun de Meilern, ass ënnert der professioneller Leedung gutt a schnell iwwert d'Bühn gaang, bis zu deem Moment wou den éischte Meiler a Brand gestach ginn ass. Hei goug déi wesentlech Aarbecht un. 24 ob 24 Stonnen hunn déi Holzkeip missten iwwerwaacht ginn. Nitt ze vill Feier an awer genuch Loft hu se gebraucht an all zwou Stonnen hu se misse geklappt a geheemelt ginn. D'Bëschaarbechter hunn se gefleescht bis zum letzte Moment wou se op gemaach gi sinn.

D'Resultat konnt sech duerno weisen. Déi vill Stonnen Aarbecht haten sech gelount. Bal 1 Tonn Kuelen konnte gewonnen ginn an duerno an Tuten ëmgefelt ginn. Des Kuelen déi sech ideal zum Grillen eegenen kennen bei der Regional Initiativ Mëllerdall (RIM) kaaft ginn.

T.M.



Beim Obbau



Den échte Kuelemeiler gouf vum Här Ludolf Baron de Schorlemer ugefaanfen



Bei der Aarbescht



## WËLLE BARBECUE AM MARSCHERWALD

Dass Wildfleisch nicht nur im Herbst Saison hat und man damit im Sommer wunderbar grillen kann, wurde am 14. Juni beim Wëllen Barbecue im Marscherwald gezeigt. Bei einem Spaziergang im Wald erfuhren die Teilnehmer von Förster Théo Moulin welche heimischen Wildtiere im Wald leben und wie die Jagd abläuft. Denn nicht nur im Herbst und im Winter sondern auch im Sommer wird gejagt. Danach zeigte Förster Christian Bremer, der übrigens Luxemburgischer Landesmeister im Grillen ist, was für Möglichkeiten es gibt, Wildfleisch auf dem Grill zuzubereiten. Neben dem klassischen Holzfeuer kamen auch ein Gas-Grill und Holzkohlen zum Einsatz. Ganz verschiedene Stücke vom Wild wurden verarbeitet. Die Teilnehmer waren von den wilden Köstlichkeiten begeistert, es wurden Vorurteile abgebaut und es fand ein reger Austausch statt. Die Aktivität wurde im Rahmen eines LEADER-Projekts zum Thema Wald mit dem Projektträger Regional Initiativ Mëllerdall – RIM a.s.b.l. organisiert wurde.



T.M.





## 90 KÄERZE FIR D'MARIE JUSTINE WEYDERT-RIES VUN HALER

Viru kuerzem ass de Schäfferot vu Waldbëlleg bei d'Marie Justine Weydert-Ries op Haler op de Fléckenhaff gaang, fir hir fir den 90. Gebuertsdag ze gratuléieren. D'Marie Justine Ries ass, als Lëtzebuergerin, den 8. Oktober 1923 zu Kurtwitz a Schlesien op d'Welt komm, als Duechter vum Jean Ries an dem Ida Martha Schmidt; si waren am ganzen zu aacht Kanner. De 4. November 1949 huet d'Marie-Justine Ries sech mam Jean-Pierre Weydert, gebierteg vun Haler, an der Fiels bestuet an aus hirem Bestiednis si sechs Kanner ervirgaang. An der Tëschenzäit huet d'Jubilarin 13 Enkelen a siwen Urenkelen. D'Marie Justine Ries ass scho vun 1978 u Wittfra. Déi nach rüsteg Jubilarin leeft nach eleng fir sech um Fléckenhaff, niewent hirer Famill.



*D.D.*



## 95 KÄERZE FIR DE BARON LUDOLF DE SCHORLEMER

Den 15 März 2014 waren zwee Memberen vum Schäfferot vun Waldbëlleg an dräi Memberen vum Comité vun Jonk an Aal op den Grondhaff an d'Schlass bei den Baron Ludolf de Schorlemer, fir him fir den 95. Gebuertsdag ze gratuléieren. Den Baron Ludolf de Schorlemer as den 12 Februar 1919 um Grondhaff am Schlass, als 3. Kand vum Baron Louis de Schorlemer an der Baronne Octavie de Villers, op d'Welt komm. Den Baron Ludolf de Schorlemer huet am Ausland seng Studien gemach déi hien am Alter vun 23 Joer mat engem Doktorat an rer pol zu München ofgeschloss huet. Nom fréien Doud vu sengem Papp, dem Baron Louis de Schorlemer, am Joer 1957 huet den Baron Ludolf de Schorlemer den Gutsbetrieb um Grondhaff iwerholl an weidergefouert. 1965 huet hien sech mat der Madame Elisabeth, Comtesse Henckel de Donnersmarck, bestuet. Sie hun 4 Kanner, eng Duechter an dräi Jongen. Den Baron Ludolf de Schorlemer leeft zesammen mat senger Fra um Grondhaff am Schlass.

*A.H.*





## AKTION „BONGERTEN 2013/2014

Im Frühjahr 2014 hat die Gemeinde Waldbillig zusammen mit dem Revierförster und dem Haus von der Natur eine zweite „Bongertenaktion“ umgesetzt. Ziel des Projektes ist es, junge Obstbäume zu pflanzen und Altbäume zu schneiden um so die landschaftsprägenden und ökologisch wertvollen Bongerten auch langfristig zu erhalten.

In der Gemeinde Waldbillig wurden bei 14 Projekt-Teilnehmern insgesamt 47 junge Obstbäume gepflanzt (25 Apfelbäume, 2 Birnbäume, 13 Mirabellen und Zwetschgen, 5 Kirschen sowie 2 Walnussbäume) und 76 Obstbäume zurück geschnitten.

Insgesamt wurden seit 2011, 130 Obstbäume gepflanzt und 117 Bäume zurück geschnitten, was mit Sicherheit dazu beiträgt, dass die Obstgärten auch in nächster Zukunft in unserer Gemeinde bestehen werden.

Durch die Unterstützung der Gemeinde und des Umweltministeriums fiel der Beitrag für die Teilnehmer für Pflanz- und Pflegearbeiten gering aus.

## OBSTGÄRTEN IN DER GEMEINDE WALDBILLIG

### 1. Einleitung

Der Obstgarten ist ein vom Mensch geschaffenes Element, welches uns mit Nahrung versorgt und gleichzeitig Lebensräume für eine vielfältige Tierwelt schafft. Die herkömmlichen Hochstammbäume prägen das Landschaftsbild in allen Jahreszeiten erheblich, sie erhöhen das Erlebnisreichtum der ländlichen Strukturen und zudem schützen sie Bauernhöfe und Dorfränder vor extremen Wetterbedingungen.

Für die Artenvielfalt ist der Obstgarten genauso wichtig wie Hecken und der Feldränder, die alle aufgrund ihrer geringeren Produktivität, vom Menschen zu ertragreichere Wirtschaftsformen umgewandelt werden.

Im Falle der Versorgung mit Obst, wurde in den letzten 50 Jahren verstärkt von dem Hochstamm-Feldobstbau auf eine Niederstamm-Intensivkultur umgeschaltet. Die Gründe sind insbesondere die schwierige Ernte der Hochstamm-Bäume, der problematische Wachstum von „makellosem“ Obst an den Bäumen und der große Flächenbedarf für Hochstamm-Obstgärten. Es versteht sich, daß diese Gründe erst mit der Verteuerung der Arbeitskraft, dem Druck der Konsumenten für fehlerfreies und gleichgroßes Obst und der Verknappung von Land aufgekommen sind.

Die Niederstammkulturen bieten durch ihre geringe Höhe, ihre Uniformität und ihrem großen regelmässigen Ertrag auf kleiner Fläche eine Lösung. Sie sind jedoch sehr pflegeaufwendig. Sie müssen alle 15 bis 20 Jahre ersetzt werden, im Gegensatz zu den Produktionszeiten der Hochstammbäume von 50 bis 100 Jahren. Aufgrund ihrer Anlage als Monokultur sind sie anfällig gegen Krankheiten und Wetter und müssen daher mit Pestizide und Dünger behandelt werden. Zudem ist die Niederstammkultur praktisch unbedeutend für Vögel und andere Tierarten. Die Büsche haben zu dünne Stämme mit wenig Borke, sie bieten kaum Schatten und sind zu niedrig um als Windschutz zu agieren.

Der Boden von Hochstamm-Obstgärten kann zusätzlich als Wiese oder Weide, früher auch als Getreideacker genutzt werden. Der gepflegte Obstgarten bietet ein vielfältiges Insektenleben, welches Nahrung für unzählige Vögel bietet. Auch der Stamm, die Borke, die Äste und die Blätter bieten viele Lebensräume. Aufgrund der hohen Stämme und der Vielfalt der Obstbaumarten, ist die Nutzung von Pestizide oft nicht notwendig.

Der Hochstamm-Obstgarten bietet eine hohe Sortenvielfalt von Äpfeln (250-600 Sorten), Kirschen (etwa 200 Sorten), Birnen (etwa 150 Sorten) und Zwetschgen bzw. Pflaumen (etwa 60 Sorten). Die alten resistenten Obstsorten bieten ein Tresor an genetischen Material, welche zum Stärken und Verändern von Kultursorten immer wieder verwertet werden. Die Früchte der alten Sorten haben auch einen viel aromatischeren Geschmack und Duft bewahrt, die bei Kulturfrüchten nicht mehr vorkommen. Es gibt auch eine Reihe anderer Hochstamm-Obstbäume, die inzwischen weitestgehend in Vergessenheit geraten sind, insbesondere die Elsbeere und der Speierling.

Diese Sortenvielfalt ist bei Niederstammkulturen nicht annähernd möglich. Durch Genmanipulierung, aber auch Personalmangel in Großbetrieben werden in den Intensivkulturen eintönige, oft fade schmeckende Früchte produziert.




## 2. Folgen

Oft werden Hochstamm-Obstgärten vollkommen vernachlässigt. Werden die alten Bäume nicht rechtzeitig ersetzt, wird der inzwischen ertragsarme Obstgarten gerodet und das Land anderweitig genutzt. Hochstamm-Obstgärten, die bisher nicht gefällt worden sind, werden teilweise stark gedüngt, um höhere Erträge zu erzielen. Dabei entstehen Fettwiesen, die weniger als ein Dutzend Pflanzenarten bevorzugen. Darin kann die Kleintierwelt und Vögel oft nicht mehr seine entsprechende Nahrung finden. Durch Pestizide wird das Nahrungsangebot weiterhin verringert.

Seit den fünfziger Jahren haben die Hochstamm-Obstbäume um mindestens 2/3 abgenommen. Der zunehmende Abbau von Hochstamm-Obstgärten, bzw. die überflüssige Nutzung von Dünger und Pestizide in den Verbleibenden hat eine Abnahme von schmackhaften Obstsorten und besonders die Verringerung von Lebensräumen für Vögel und andere Tiere zur Folge.

Einige Vögel, die auf Obstgärten bzw. Einzelbäume in der Landschaft angewiesen sind, stehen nun auf der Roten Liste der gefährdeten und seltenen Brutvogelarten. Zu nennen sind Steinkauz, Wiedehopf und Wendehals, die in Baumhöhlen brüten, sowie der Rotkopfwürger der in Astgabeln nistet. Gelegentlich in Obstgärten brütende Arten der Roten Liste sind Hohltaube, Mittelspecht, Braunkehlchen, Gelbspötter, Neuntöter (Rotrückenwürger) und Raubwürger.

Es wird deutlich, daß die Niederstammkulturen, die alten Obstbäume nicht ersetzen können. Auch künstliche Nisthilfen fördern fast nur Kohlmeisen und Sperlinge.



## 3. Gründe

Ein Grund für den Abbau von Obstgärten ist die Veränderung bzw. die Überbebauung der Dörfer. Obstgärten fielen und fallen noch zugunsten von Ein- und Mehrfamilienhäusern, Industriegebäuden und Strassen.

Ein weiterer Grund, ist die Umstellungen in der Landwirtschaft, indem die Bauern mit immer weniger Land und immer weniger Leuten immer mehr produzieren. Hochstämme sind bei der Ernte personalintensiv und erfordern um ertragsreich zu bleiben einen regelmäßigen Baumschnitt. Wird dieser nicht gewährleistet und statt dessen gespritzt, führt es letztendlich auch zur Zerstörung des Obstgartens als Lebensraum.

Weiterhin wirkt die Einfuhr von fremdländischen Früchten aus Entwicklungsländern mit billiger Arbeitskraft stark drückend auf die Preise der einheimischen Obstsorten. (Der biologische Anbau von Obst erzielt heute jedoch gute Preise.)

Schließlich greift der Konsument zu den billigsten importierten Früchten und zu denen mit dem schönsten Aussehen. Diese geforderte billige Einheitsware lässt sich am Besten an Niederstammkulturen produzieren.

## 4. Pflege

Im allgemeinen bedarf der Hochstamm-Obstgarten sehr wenig Pflege. Wichtige ist jedoch das regelmäßige Einbringen von Jungbäumen. Es sollten 20-30% junge Bäume in einem Obstgarten stehen, d.h. die Neuanpflanzung alle 1 bis 5 Jahre damit der Bestand langfristig gesichert ist.

Um sicher zu stellen, daß der Obstbaum anwächst, muß der junge Baum mit einem Pfahl etwa 3 Jahre gestützt werden und durch Drahtmanschetten und Zäunung vor Wühlmäusen und Wildverbiß sowie gegen gewisse Vögel wie, Gimpeln, Amseln, Starre und Wacholderdrosseln geschützt werden.

Damit der Obstbaum langfristig ertragsreich erhalten wird, muß in den ersten 8-10 Jahren alle Jahre der Junge Baum geschnitten werden und anschließend regelmäßig (alle 2 bis 5 Jahre) einen vernünftigen Baumschnitt durchgeführt werden.

Außerdem werden schwer mit Früchten beladene Äste unterstützt. Bäume mit Bruthöhlen sollten besonders erhalten werden. Nistkästen für Höhlenbrüter gehören zudem in jedem Obstgarten. Für das Gedeihen des Obstes ist die Nähe von Bienenvölkern sehr wichtig.

Die Sicherung von einer hohen Artenvielfalt an Vögel, Insekten und anderen Tieren ist durch die regelmäßige Entbuschung gegeben. Im Sinne des Umweltschutzes ist eine extensive Grasnutzung am Besten. Die Nutzung von Streuobstwiesen als Schafweide ist für die meisten im Obstgarten lebenden Tieren sehr von Vorteil. Erfolgt eine Stickstoffdüngung und die mehrmalige Mahd, verarmt die Obstwiese an Insektenfauna, besonders an Ameisen, die die wichtigste Nahrungsbasis für Wendehals, Grün- und Grauspecht darstellen.

Ist die Nutzung als Schafweide nicht möglich, sollte trotzdem die Mahd durchgeführt werden, da eine Verbuschung entgegen der Gewohnheiten der dort lebenden Tiere spielt (!! ) und die Pflege und Ernte der Bäume erschwert wird.

Gegen schadenstiftende Organismen im Obstbau (z.B. Apfelwickler, Kirschenfliege, Blattläuse, Mehltau und Schorf) sollte man mit einem integrierten Pflanzenschutz vorgehen. Soweit wie möglich sind biologische Schädlingsbekämpfungsmittel, die tierische Schädlinge durch natürliche Regulatoren bekämpfen, zu nutzen. Bei dem Einsatz von chemischen Mitteln sollen nur selektive Mittel genutzt werden. Beispielsweise wirkt das Nachauflauf-Herbizid Fusilade 200 (Deutsche ICI GmbH, Frankfurt) nur auf Einkeimblättrige Pflanzen, vor allem die Quecke, die den Sämlingen zu schaffen macht. Zweiblättrige Kräuter bleiben erhalten. Oft ist es möglich in einer gut angelegten Streuobstwiese, mit Bäume verschiedener Arten und Alter, auf Schädlingsbekämpfungsmittel vollkommen zu verzichten.

T.M.





## DER AUFBAU DES NATURPARKS MÖLLERDALL SCHREITET VORAN!

Nach rund 15 Monaten Arbeit, zusammen mit mehr als 140 interessierten Bürgerinnen und Bürgern aus der Region, geht das Projekt Naturpark Möllerdall in die Zielgerade.

Am 28. Juni wurde in Born, im Beisein der Umweltministerin Carole Di-eschbourg, der Entwurf der Etude Détaillée vorgestellt. Auf der Konferenz erhielten alle Bürgerinnen und Bürger Einblick in den vollständigen Projektentwurf, der als Fahrplan für die nächsten 10 Jahre des Naturparks zu verstehen ist. Um so gut wie möglich über den Aufbau des Naturparks zu informieren, wurde das Dokument auch auf der Internetseite [www.naturpark-mellerdall.lu](http://www.naturpark-mellerdall.lu) veröffentlicht.

Nachdem auf der Konferenz in Born letzte Anmerkungen in das Dokument eingeflossen sind, wird es im Herbst dann in seiner Endversion der Öffentlichkeit vorgestellt und in den Gemeinden der „enquête publique“ unterzogen. Anschließend erfolgt die reglementarische Prozedur: von der Ausarbeitung der großherzoglichen Verordnung bis hin zur Ausweisung des Naturparks.



### Leitthemen des Naturparks Möllerdall

Ein Naturpark muss sich in seinen Aufgaben einschränken, um erfolgreich zu sein – „er kann nicht alles machen“. Aus diesem Grund wurden sechs Leitthemen ausgewählt:

1. Liewenswäert Regioun
2. Wësse virugin
3. Regional Produiten
4. Holzregioun
5. Villfälteg Landschaft
6. Autark Waasserregioun

Diese Leitthemen, die auf der Basis des Naturparkgesetzes, der Etude Préparatoire, der Ergebnisse der Arbeitsgruppen und der eingereichten Projektideen entwickelt wurden, werden die Schwerpunkte in der künftigen Naturparkarbeit bilden.

### Kontakt

**Claude Petit – Syndicat Mullerthal**

8, rue de l'Auberge

L-6315 Beaufort

Tél.: +352 26 87 82 91

E-Mail: [claudio.petit@naturpark-mellerdall.lu](mailto:claudio.petit@naturpark-mellerdall.lu)

**[WWW.NATURPARK-MELLERDALL.LU](http://WWW.NATURPARK-MELLERDALL.LU)**

Besuchen Sie uns auch auf Facebook!

*Claude Petit*





## DEM MARSCHERWALD SEINE GEHEIMNISSE ENTLOCKEN

So hieß das Thema der diesjährigen Wanderung « mam Fierschter duerch de Marscherwald ».

Seit nunmehr 3 Jahren organisieren die Förster des Marscherwaldes alljährlich die viel besuchte und sehr beliebte Wanderung durch ihre Forsten. Viele markante Punkte, immer neue, noch unbekannte Orte und Ecken des 500 ha großen Forstes werden den Wanderern während dem Rundgang vorgestellt und erklärt. Lehrreich und informativ war auch der diesjährige Wanderpfad von 7 km, welcher von den Förstern Théo Moulin, David Farinon und Marc Hoffmann ausgesucht worden war. Bekannte und unbekannte, erst kürzlich entdeckte Geheimnisse sollten dem Marscherwald entlockt werden. 81 Personen hatten sich bei schönstem Sommerwetter im schmucken Weiler Marscherwald eingefunden, die angekündigten Gewitter, welche jedoch erfreulicherweise ausblieben, hatten sie nicht abgeschreckt, um der Einladung der Förster Folge zu leisten.

Bekanntschaft mit dem neuen Forsthaus, der neuen Arbeitsstelle der Förster mitten im Marscherwald, zu machen war das erste Geheimnis. Ein solcher naturnaher Arbeitsort, mitten im « Naturpark Mëllerdall » gelegen, würde sich wohl jeder wünschen, kaum vorstellbar, jeden Morgen, zu jeder Arbeitsminute ungestört die wohlriechende Waldluft einzuatmen, wem ist das heute noch während seiner Arbeitszeit gegönnt.

Nach den geschichtlichen Erklärungen zum Marscherwald, folgte dann ein Besuch bei den Ruinen des kürzlich wiederentdeckten « Paaschenterhaff », der 80 m tiefe Brunnen nach dem noch immer gesucht wird, bleibt weiter ein Geheimnis. Nun machten wir einen kurzen Abstecher beim « Sündenhaus », diesem geheimnisvollen Ort unter den Fichten des « Paaschenterbësch », welchen wir in Richtung der « Kalktuff-Quellen » durchwanderten, deren glasklares Wasser über den « Kalktuff-Felsen » hinab in 2 gemauerte Becken rieselt.

Der 600 m lange Wanderweg über den längsten Holzsteg des Landes hin zur « Wälerbréck », war den meisten noch unbekannt, erstaunt und begeistert begutachteten sie den erbauten Steg aus Douglassholz entlang der « Schwarzen Ern » und dieselbe öfters überquerend.

Durch das schöne Tal der « Mandelbaach », weiter durch einen wertvollen Fichtenwald, gelangte die Wandergruppe zum vorletzten Geheimnis dieses Wandernachmittags, zum « Loschbour ». Gespannt verfolgte jedermann die fachkundigen Erklärungen des Archäologen André Schoellen vom MNHA über den hier ausgegrabenen « Loschburman », dem ältesten in Luxemburg entdeckten Skelett.

Über den Müllerthal-Trail kehrte die Gruppe zum Ausgangspunkt zurück, wo sie vom « Beiepapp » bei seinem Bienenstand in die Geheimnisse eines Bienenvolkes eingeführt wurden. Eine willkommene, von den Förstern Théo und David angebotene Erfrischung, welche sehr begehrt war, beendete die diesjährige « Trëppeltour mam Fierschter duerch de Marscherwald ». Vielen Dank an die Förster für die perfekte Organisation.

Bestimmt wird die bereits festgelegte Wanderung, am letzten Samstag im Juni 2015, wieder viele Freunde der Förster und des Marscherwaldes anlocken. Vermerken sie das Datum unverzüglich in ihrer Agenda, diesen Termin möchten sie doch im nächsten Jahr nicht oder nicht wieder verpassen (FSa).

*Fred Schaaf*

Foto : Fred Schaaf/David Farinon/Marc Hoffmann

Foto Reportage im Link: <http://www.mywort.lu/consdorf/43629238.html> & <http://www.mywort.lu/bech/43847824.html>







## NATIONALFEIERDAG 2014

den 22. Juni 2014



WALDBËLLEG  
D'GEMENG

D'Gemeng hat all Matbiergerinnen a Matbierger a besonnesch och d'Veräiner, d'Léierinnen an d'Schoulmeeschtere mat de Schoukanner agelueden un de Feierlechkeete vum Nationalfeierdag 2014 matzemaachen. Géint véierel fir siwen hunn sech dorops hin ee Sonndeg, den 22. Juni 2014 bei exzellentem Fréijorswieder eng aper Zuel Leit a Veräiner um Parking beim Fussballsterrain getraff an an engem schéine Cortège ass et an d'Kierch gaang, ugefouert vun de Kläng vun der Waldbëlleger Musek. An der Kierch huet de Gesank vu Crëstnech den traditionellen TE DEUM zu Éieren vun eisem Groussherzog Henri ugestëmmt, duerno ass d'Sonnerie nationale an der Kierch erklongen a ganz feierlech hunn all d'Leit a Begleedung vun der Waldbëlleger Musek déi zwou Strofe vun der „Heemecht“ gesongen.

Duerno si vill Uwiesend aus dem TE DEUM, an och nach vill aner Leit an d'Sportshal op Waldbëlleg komm, wou de Buergermeeschter, traditionell d'Wuert un d'Leit adresséiert huet. A senger Ried huet hien sech déifgräifend Gedanken iwwert d'Notioun vun der „Natioun“ gemaach an d'Fro gestallt, a wéiwäit d'Populatioun hei zu Lëtzebuerg nach eng Natioun ass a wéi sech d'Derzougehéirgkeet zu enger Natioun am Alldag ausdréckt. Dobäi huet hien och ee Sträifzuch duerch déi lëtzebuenger Geschicht ënnerholl. Zum Schluss huet hie folgenden Appel un d'Leit adresséiert: „Dat friddlecht Zesummeliewe vu Lëtzebuenger an Net-Lëtzebuenger muss gefleegt ginn. Eis Natioun dierf net duerch falsch politesch Diskussiounen gespléckt ginn. Mir müssen all Dag op een Neits derfir Suergen, datt mir eise Matbierger mat Respekt an Toleranz begéinen. Allerdéngs, misst mol rëm geléiert ginn am Sënn vun der Allgemengheet ze denken an ze handeln, amplaz datt vill Leit ëmmer méi egoistesch ginn an dat individuell Wuel iwwert d'Wuel vun der Allgemengheet gestallt gëtt. Dir Dammen an Dir Hären, léif Matbiergerinnen a Matbierger, eis Natioun kann sech nëmme weiderentwéckelen, wa Solidaritéit an Nächsteléift rëm gelieft ginn, a wa Respekt rëm grouss geschriwwen gëtt! An enger Natioun oder an enger kommunaler Gemeinschaft ass et wichteg, datt jiddereen sech concernéiert spiert, a mathëlleft, am Sënn an zum Wuel vun der Allgemengheet ze schaffen. Mir all zesumme sinn derfir verantwortlech, datt sech eist Land, respektiv eis Gemeng sech an déi Richtung entwéckelt!“



Weider ass et am Programm gaang mat der Éierung vu verdéngschtvolle Memberen aus de Veräiner, a vu Leit, déi Landesmeeschter/in gi sinn an hire Sportaarte gi sinn.

## POMPJEEËN

**Jugend:** Wëssenstest am Bronze:  
**Cales Max, Colbach Nadia, Graeff Sven, Nilles Luc, Stevens Noah**  
 Wëssenstest am Sëlwer:  
**Jérôme Schiltz**  
 Wëssenstest am Gold:  
**Noémie Schiltz, Jo Wagner**

**Erwuessener:** Medaille en bronze fir **15 Joer** Déngscht an de Pompjeeën:  
**Fränk Diederich, Jang Goedert**

Medaille en argent fir **20 Joer** Déngscht an de Pompjeeën:  
**René Nilles, Jeff Schintgen**

Medaille en or avec Couronne fir 30 Joer Déngscht an de Pompjeeën:  
**Armand Duschang**

Croix de mérite en argent avec Couronne fir 40 Joer Déngscht an de Pompjeeën:  
**Alphonse Majerus**  
 Croix de mérite en or fir 45 Joer Déngscht an de Pompjeeën:  
**Nicolas Tobes**

## BADMINTON WALDBËLLEG 2014

Landesmeeschter am Eenzel bei de Bambinis:  
**Louis Moyen**  
 Landesmeeschter am Doubel bei de Bambinis:  
**Louis Moyena Yann Schmidt**  
 Vize Landesmeeschter am Doubel bei Superminimes:  
**Kim Schmidt, Julie Moyen**

## STOCK-CAR „POWER BULLS“:

Den **Damon Scherer** ass Landesmeeschter bei de Piloten an der Einsteigerklasse ginn.

## GOLF CLUB CHRISTNACH:

De **Pascal Schwind** ass MID-Amateur Landesmeeschter ginn.  
 D' **Katja Hoffmann** ass Landesmeeschterin ginn.

## DËSCHTENNIS:

D' **Sarah de Nutte** ass ënner anerem Landesmeeschterin am Eenzel ginn a spillt ab nächster Saison professionell Dëschtennis an der 1. Bundesliga an Däitschland zu Bad Driburg.

Ganz geselleg a lëschtteg gouf den Nationalfeierdag gefeiert bis an déi déif Nuecht eran.

D'Gemeng seet alle Leit an alle Veräiner, déi bei dëser Geleeënheet matgeholfen hunn ee grouse Merci! Besonnesch dem Gesangveräin Sang Mat Waldbëlleg-Haler een häerzleche Merci, datt si sech deen Owend rëm ëm de Maufel an de Patt bekëmmert hunn.



## IMPRESSIOUNEN NATIONALFEIERDAG 2014





## ELTEREVERTRIËDER WALDBËLLEG

Léif Eltern,

Den 5. Juni 2014 haten d'Elterevertriëder mat der Ënnerstëtzung vun der Elternvereenegung en éischten Informationsowend zum Thema „**Mobbing an Gewalt an der Schoul**“ organiséiert.

Duerch den Owend huet d'Madame Manette Kayser, Mediatrice, vun der Associatioun Kannerschlass, gefouert. Durch dësen ganz interessanten, informativen an liewechen Virtrag goufen viel Elteren drop opmierksam gemach, wéi Mobbing zou Staanen kënnt, an wéi en sech bemierkbar mecht.

Mat Freet kennen mir matdeelen dat dësen Owend immenz gut bei deenen villen Elteren déi do waren ukomm ass. Vun ongeféier 120 Familien mat Kanner déi an der Gemeng wunnen, waren der 35 vertrauden !

Well d'Resonanz sou positive war, denken mir schonn drun d'nächst Schouljoer villäicht nach esou eng Konferenz, zu engem aneren Thema ze organiséieren. Hei nach en puer Fotoen vun dem flotten Owend an hoffentlech bis d'nächst Joer.

*Myriam Kremer & Danielle Mehlen*



*Manette Kayser, médiatrice*



*Danielle Mehlen, Myriam Kremer, Chris Sunnen-Kester*



## HALER BUERGBRENNEN 2014

Am Kader vun engem gemittlechen Owendiessen am Restaurant Heringer Millen hunn déi „Haler Leit“ e Scheck vun 900€ un d'Fondation contre le cancer iwwereecht.

Nëmmen duerch d' Generositéit vun Iech all um Buergebrennen war dësen Erléis méiglech.  
E ganz grouse **MERCI!**

A.K.



Scheckiwwerreechung „Haler Buergebrennen 2014“



## 2. BANKBAUKURS MIT „HOLZ VUN HEI“ IN WALDBILLIG

Auch 2014 hat wieder im Rahmen des Waldprojekts der LAG LEADER Müllerthal ein Bankbaukurs mit regionalem Holz stattgefunden. Beim 1. Teil sind die Teilnehmer mit Förster Fränk Adam in den Berdorfer Gemeindewald. Dort haben sie erfahren, wie der Wald vom Förster bewirtschaftet wird. Anschließend wurden fachgerecht Bäume ausgewählt, aus denen die Bänke gebaut werden sollten, und eine Douglasie wurde von den Waldarbeitern professionell gefällt. Nachmittags besuchte die Gruppe den Betrieb Jacob-Weis in Heffingen, wo ein Baumstamm in der Sägerei aufgeschnitten wurde.

Beim 2. Teil des Kurses haben die Teilnehmer schließlich ihre Bank gebaut. An zwei Terminen fand sich dafür jeweils eine Gruppe von 5 Teilnehmern in der Schreinerei Baden ein. Die Bänke zu bauen war nicht immer einfach, aber unter der Anleitung von Robi Baden konnte jeder diese Schreinerarbeit bewältigen. Insgesamt 15 selbst gebaute Bänke aus Holz aus der Region Müllerthal sind das stolze Ergebnis des 2. Bankbaukurses.



T.M.





## MIR KËNNEN HËLLEFEN! 1. HËLLEFSCOURSEN AN DER GEMENG WALDBËLLEG

Donneschdeg, den 19. Mee 2014 um 19.00 Auer um Hentgesbau

Op Initiativ vun der Croix Rouge Lëtzebuerg ginn all Joer ofwiesselnd 1. Hëllefscoursen an de Gemenge Fiels, Hiefenech, Ärendall, Noumer a Waldbëlleg organiséiert.

Dës Saison goufen déi Coursë bei eis an der Gemeng am neie Pompjeesbau gehalen vun Oktober 2013 bis Mäerz 2014, an Zesummenaarbecht mat der Croix Rouge, dem S.I.S. Waldbëlleg an der Protection Civile aus der Fiels.

Eng aper Zuel Leit aus deene virdru genannte Gemengen hate sech ugemellt, fir ze léieren, wéi si hire Matbierger an enger Noutsituatioun hëllef kënnen. Dës Owescoursen hunn all Joer ee groussen Uklang, an et ass schéin ze gesinn, datt sech ëmmer rëm vill Leit mellen, fir iwwer ee puer Méint d'Schoulbänk ze drécken, fir kënnen 1. Hëllef ze leeschten, wann et néideg ass. De Cours ass gehale gi vum Här Marc Steffes vun lechternach.

Donneschdes, den 19. Mee kruten déi nei Secouristen, nodeems so ee klengen Test gepackt haten, hiren Diplom um Hengtesbau iwwerrecht duerch den Här Michel Simonis, Direkter vun der Croix Rouge Lëtzebuerg, zesumme mat de Buergermeeschtere vun Hiefenech a Waldbëlleg.

De Buergermeeschter vu Waldbëlleg huet d'Gäscht um Hentgesbau wëllkomm geheescht an den neie Secouristen fir hiren Asaz felicitéiert. Och huet hien allen Organisateur vum Cours a speziell dem Marc Steffes ee grouse Merci gesot. De Wieder „Et ass gutt ze wëssen, datt et dobausse Leit get, déi wësse wéi een hëllef“ huet den Här Simonis sech ugeschloss a sengersäits d'Felicitatioune vun der Croix Rouge un d'Secouriste iwwermëttelt.

Beim Patt a beim Maufel konnt nach deen een an anere flotte Moment vun der Ausbildung Revue passéiert ginn, an déi nei Secouristen hunn hirem Instrukter Marc Steffes a Form vun engem Geschenkkuerf Merci gesot.

Hei d'Nimm vun de Secouristen vun der Saison 2013-2014:

**Tamara Achten** Ermsdorf  
**Florian Dumser** Reuland  
**Patrick Dumser** Reuland  
**Laurent Becker** Service technique Waldbëlleg, Atlinster  
**Jessica Birkel** Christnach,  
**Thierry Greisch** Christnach,  
**Gilles Brucher** Beaufort  
**Michelle Hilger** Christnach  
**Yves Diderrich** Haller  
**Luc Kirsch** Ermsdorf  
**Daniel Kuhn** Christnach

**Hélène Nols** Christnach  
**Nathalie Kobi** Medernach  
**Mandy Ressel** Christnach  
**Célia Magalhaes-Ferreira** Medernach  
**Claudine Scholtes** Consdorf  
**Hana Marencak** Christnach  
**Ricardo Marques Raiva** Stegen  
**Laurie Urhausen** Beaufort  
**Gil Wies** Dillingen  
**Simone Wohl** Christnach

L.S.





# E STOPP FIR DE MUPP!

## ËM WAT GEET ET?

Et geet drëm all Zorten vun Plastiks-Stëpp ze sammelen. Dës Stëpp keeft Valorlux eis of fir **250,00 € PRO TONN**.

Den Erléis vum Verlaf vun dëse Stëpp erméiglecht dann d'**AUSBILDUNG VUN ENGEM BEGLEEDHOND FIR BEHËNNERT LEIT** ze finanzéieren.

Esou eng Ausbildung kascht 13.000,00 Euro, an dofir muss een 52 Tonnen Stëpp oder +/-35.000.000 Stëpp sammelen.

## DOFIR MAACHT OCH DIER MAT, A SAMMELT FLÄISSEG STËPP!


Dir kënt se an der Entrée fir an d'Maison Relais oder an der Sportshal ofginn.

Mir hoffen op är Hëllef kënnen ze zielen a soen am Virus MERCI

D'Kanner vun der Grondschoul Michel-Rodange

# SCH OU L

ÉCOLES





## D'SPILLSCHOUL AN DER DRAUWELIES ...

"Caves Ley-Scharts" zu Ohn, Oktober 2013



Déi drai Klasse vum Cycle 1 waren am Oktober zu Ohn an d'Drauvelies. D'Madame Christiane Ley huet eis alles gewisen an erklärt. Et war nawell schéin de Bierg erop gangen bis an de Wengert. D'Kanner waren all mat engem Eemer an enger Scheier ausgerüst a konnten hellefën d'Drauwe schneiden. Wann den Eemer voll war, hunn se hir Drauwen an eng grouss Këscht getippt an déi ass dann op den Unhänger vum Trakter geluede ginn. No der Lies gouffe mir mat guddem Drauwejus belount! Et war e flotte Moien an d'Kanner hu gutt matgeschafft a natiirlech och e di eng oder aaner Drauw geschmaacht.



## AKTIVITÉITEN VUM C4

### Schouljoër 2013/2014

De September war den C4.2 op Tréier an den Hochseilgarten (Fotoen Säit 110) an huet eng Toga-Führung duerch tréier gemaach.



Am Oktober hunn d'Kanner an der Morale d'Theaterstéck „Ein Mensch vor dem Gericht der Tiere“ virun hie Klassekomeroden gespillt.

S.T.

De 4. Dezember koum de Kleeschen an den C4.





## KOOPERATIONSSPILLER AM HOCHSEILGARTEN

Tréier, den 2. Oktober 2013



108



## PATINOIRE

Mercredi, le 18 décembre 2013, on a été à la patinoire de Beaufort avec toutes les classes du Cycle 4. Avant d'aller à la patinoire, on a mangé une très bonne soupe que Martine de la Maison Relais avait préparée. Ainsi nous avons pu partir vers 12.30 heures. Une fois arrivé, on s'est bien amusé parce qu'il y avait beaucoup d'enfants et parce qu'on pouvait regarder un monsieur qui a fait tout le temps des trucs spectaculaires. Il y avait même de la musique et les grands phares étaient allumés. Vers 3 heures, nous sommes retournés à l'école. Heureusement, personne ne s'est blessé et j'espère que nous y allons encore une fois. *Dany Dos Santos, C4.2a*





## STAFFELMEISTERSCHAFT

Ende Januar fand in der Turnhalle die Staffelmeisterschaft unserer Schule statt bei der alle Klassen eines Zyklus gegeneinander antraten.

Nach zwei Wochen Training ging es endlich los. In jeder Pause gab es einen Staffellauf. Im Zyklus 1 gewann die Klasse von Joffer Joëlle, im Zyklus 2 trug die Klasse von Lehrer Mike den Sieg davon. Das vierte Schuljahr gewann im Zyklus 3. Nach einem spannenden Kampf gewann die Klasse C4.2a gegen die anderen Klassen des Zyklus 4.

In der nächsten Runde gab es ein Unentschieden zwischen dem 2. Schuljahr und der Spielschule. Den Wettlauf zwischen den Gewinnern des Zyklus 4 und 3 konnte das 6. Schuljahr für sich entscheiden.

Im Finale am 24 Januar taten die Gewinnerklassen gegen die Lehrer an. Dabei gewann das zweite Schuljahr sowohl gegen die Lehrer als auch gegen die Spielschule. Auch die Klasse 4.2a gewann in einer Staffel gegen das Lehrpersonal.

Bei der anschließenden Siegerehrung bekam jedes Kind ein Diplom und nur die Cycle-Gewinner bekamen eine Medaille. Die Staffeln haben mir sehr gefallen und ich hoffe, dass wir das noch einmal machen werden. *Jang Winandy, Cycle 4.2a*



## AUSSTELLUNG ZUM THEMA „EXOTESCH DÉIEREN“ AN DER GRONDSCHOUL WALDBËLLEG

D'Schülerparlament zesumme mat engem Aarbechtsgrupp vum Léierpersonal hat fir den 20. Juni 2014 eng Ausstellung iwwer exotesch Déiere geplangt.

Am Virfeld waren e puer Klassen an de Beetebuerger Park fir do ënner fachmännischer Uleedung vum Moler Alan Johnston flott Biller vun Déieren, déi et do gëtt, ze molen. Awer och all déi aner Klassen, vum Précoce bis bei de Cycle 4, hu sech mam Thema befaasst a gemoolt, recherchéiert oder gebastelt a sou ass eng ganz variéiert Ausstellung op d'Been gestallt ginn.

Den Dag vun der Ausstellung hunn all d'Kanner sech dunno d'Konschtwierker, d'Plakater an och e puer ganz interessant Exponater, wéi z.B. eng Schlaangenhaut, Papageiefiederer oder Stachelen an Eeër vu verschiddenen Déieren, déi mir vum Beetebuerger Park ausgeléint kruten, zesumme mat hirer Klass ugekuckt. Freidesnomëttes konnten dunno och all d'Elteren d'Ausstellung kucken kommen an dono bei Kaffi a Kuch nach eng flott Zäit zesumme mat de Kanner an dem Léierpersonal verbréngen.

J.N.



## VIRLIESEN VUN DE KANNER AUS DEM CYCLE 2 AN D'SPILLSCHOUL FIR AUS VERSCHIDDENE BICHER VIRZELIESEN.....z.B." Raupe Nimmersatt", „Elmar“, „Der kleine Tiger“ asw. All Kand aus dem Cycle 2 huet sech e rouegen Eck zesumme mat engem Kand aus der Spillschoul gesicht an da seng Geschicht virgelies. Dono hunn d'Kanner aus der Spillschoul e Bild vun der Geschicht gemoolt fir Merci ze soen. Et huet all de Kanner Freed gemaach, ze weise wat, se kennen oder fir eng flott Geschicht ze lauschten.

J.N.





## SCHÜLEROLYMPIADE 2014

Wie Sie vielleicht von ihren Kindern, Enkelkindern etc. wissen, veranstalten wir jedes Jahr eine Schülerolympiade. Dieses Jahr hat das Schülerparlament mit der Präsidentin Frederiek Oosthoek (unter der Leitung von Sandra Thinnes und Christine Kieffer) das Thema „Staffellauf“ ausgewählt. Im Vorjahr wurde übrigens der beste Limbo-Tänzer der Schule gewählt.

Die Klassen der ganzen Schule (mit Cycle 1) haben zunächst Vorschläge gemacht, die dann von den Schülervetretern ins Parlament gebracht wurden, wo schließlich abgestimmt wurde. Am meisten Stimmen bekam der „Staffellauf“. Die ganze Schule - alle Schüler der Klassen - sollte daran teilnehmen. Die Wettkämpfe wurden in der Turnhalle ausgetragen. Es wurde eine sportliche Woche, da vom 20.01-24.01 jede Pause Wettkämpfe abgehalten wurden.

Hier sind die Ergebnisse

**Montag, den 20.01 morgens:**

**Montag, den 20.01 nachmittags:**

**Dienstag, den 21.01:**

**Mittwoch, den 22.01 morgens:**

**Mittwoch, den 22.01 nachmittags:**

**Donnerstag, den 23.01:**

**Freitag, den 24.01 mittags: Finale:**

**Cycle 2:**

**Cycle 1:**

**Cycle 3:**

**Cycle 4:**

**Cycle 1- Cycle 2:**

**Cycle 3 – Cycle 4:**

**Lehrer-C4.2a**

**Lehrer-C2.2**

**Cycle 1-Cycle 2**

**Sieger: C2.2 von Mike Wewer**

**Sieger: C1b von Joëlle Niederweis**

**Sieger C3.2 von Luc Schmidt**

**Sieger: C4.2a von Nadine Gaasch**

**unentschieden**

**Sieger C4.2a**

**Sieger: die Kinder**

**Sieger: die Kinder**

**Sieger: C2.2**

Die schnellste Klasse der Schule ist also der Cycle 4.2a.

Das Rennen gegen den C4.1 und dem C4.2a war (wie auch das Rennen des C1 gegen den C2) sehr knapp. Mit nur wenig Vorsprung gewann die Klasse C4.2a. Jedes Kind erhielt ein Diplom, die Siegerklasse noch eine Medaille. Nur unsere lieben Lehrer gingen leer aus.

Das war die Schülerolympiade 2014. Die nächste wird dann 2015 stattfinden.

*Zohra Barthelemy, C4.2b*



## REMERCIEMENT VUN DER FONDATION KRIIBSKRANK KANNER

112

D'Liichtmesskanner hunn een Deel vun hierem Erléis (400 Euro) fir e gudden Zweck gespendt





## „EIS MEENUNG“

Och dëst Joer huet an eiser Schoul nees e Schülerparlament fonctionnéiert. An dësem Schülerparlament mam Numm „Eis Meenung“ hunn aus all Klass vum Cycle 2 bis 4 zwee Verrieder matgeschafft. Vum Cycle 1.2 war et jeeweils 1 Verrieder. D'Schülerparlament huet als Zil, d'Kanner ze motivéieren fir Eegeninitiativ a Responsabilitéit ze iwwerhuelen an aktiv un der Planung vun Aktivitéiten fir d'Schoulgemeinschaft deelzehuelen grad wéi no Léisungen fir Problemer am Schoulalldag ze sichen. Dobäi gëtt den demokratesche Prinzip grous geschriwwen.

2013/2014 huet d'Schülerparlament nieft enger Staffelmeeschterschaft zesumme mat engem Aarbechtsgrupp vun Enseignanteng eng Ausstellung zum Thema „Exotesch Déieren“ geplangt. Dës gouf duerno mat den Enseignanteng an Klassekomeroden op d'Been gestallt an d'Elteren konnten d'Resultat freides, den 20 Juni bewonnere kommen.

D'Schülerparlament huet sech 1 mol am Mount getraff an ënnert der Leedung vum Christine Kieffer an dem Manon Bastin oder Sandra Thinnes souwéi der Hëllef vum Chantal Theisen hunn d'Verrieder all aktiv a motivéiert geschafft, geplangt an diskutéiert.

Als Ofschloss vun dëser „Amtszäit“ huet de Schafferot d'Schülerparlament e Méindeg, den 14. Juli 2014 op d'Gemeng fir en interessanten Gedankenaustausch an de Sëtzungssall invitéiert an hinne bei lessen a Gedréns als kleng Unerkennung en Diplom iwwerreicht.

S.T.



*Hannen (v.l.n.r.): Jean-Luc Schleich, Christophe Luis, Andrée Henx-Greischer, Max Cales, Chantal Theisen, Michèle Duschang, Frederiek Oosthoek, Sarah Joy Spaus, Nina Peckels, Christine Kieffer, Serge Boonen*

*Mëtt (v.l.n.r.): Leni Poiré, Carolina Antunes, Mattéo Pignoloni, Leo Mehlen, Max Muller, Lynn Marchal, Manon Bastin, Sandra Thinnes*

*Vir (v.l.n.r.): Liz Schleich, Fabio Palmisano, Sam Dos Santos  
net op der Foto: Shayan De Sousa Lopes, Kim Schmidt*



## ENG WANDMOLEREI AN DER SCHOUL

D'Schüler vun den zwee Sechst-Schouljoren, de Klassë vun de Léierinnen Nadine Gaasch an Isabelle Schmitz, hunn eng Mauer am Préau vun der Schoul bemoolt.

De Buergermeeschter an d'Schäfte si sech dat fäerdeg Wierk ukucke gaang.

### Jang, Cycle IV -2a:

"Auf Initiative der Kulturkommission der Gemeinde Waldbillig haben wir, die 29 Schüler des Cycle 4-2, eine Wand in der Schule bemalt.

Zuerst haben wir uns ein Thema überlegt und uns entschieden, ein Weltall-Bild zu gestalten. Wir wurden unterstützt von zwei Künstlern: einerseits von Wouter Van der Vlugt aus Waldbillig und andererseits von Katarzyna Kot-Bach aus Asselscheuer. Beide Künstler arbeiten im bekannten Kunstatelier Sixth Floor in Koerich."

### Zohra, Cycle IV – 1a:

"Mir hunn d'Mauer vum Préau gemoolt mam Katarzyna a mam Wouter. Mir hunn eng Äerd gemoolt mat Planéiten ronderëm.

Mir haten an eiser Klass Skizzë gemaach an hunn dat dann zesumme gekuckt, eng Kéier moies an der Schoul. Am Ufank wollte mer eigentlech nach eng Achterbahn ronderëm d'Welt maachen. Mee du war dat awer zevill."

### Jang :

"Am Montag, den 30.Juni war es dann soweit. Wir teilten uns in Gruppen von jeweils sechs Schülern auf und malten unter der Leitung der zwei Künstler immer eine Stunde. Am Dienstag um 12 Uhr war unser Kunstwerk fertig.

Es handelt sich um ein großes Wandbild mit Sonne, Planeten und der Erde. Auch das Land Luxemburg mit Waldbillig und unsere Schule sind zu sehen. Zahlreiche Farbklecke mit Schulmaterial schmücken noch das Bild."

### Zohra :

"Mat Faarfklecksen hu mer eist Land an eis Schoul gemoolt, an och eis Hänn ofgedréckt. An d'Hänn hu mer eis Nimm geschriwwen. Iwwer der Dier ass e Pinsel; d'Catagena hat d'Skizz gemoolt a mir hunn dee faarweg gemaach.

D'Jacqueline huet alles iwwerwaacht. Am Ufank gouf et eng Pann: mir hate keen Däischerblo! Owes hate mer elauter Faarf am Gesicht, en Zéngtel vun der Faarf ass bestëmmt an eis Gesichter gaang. Mee mat Waasser a Schruppen ass et ofgaang.

Mir hunn zwee Deeg laang gemoolt an jiddwereen ass zweemol dru komm. All Kéiers hu 6 Kanner matenee gemoolt. Déi aner ware bei de Léierinnen."

### Jang:

"Wir bedanken uns ganz herzlich für die Unterstützung des Projektes bei der Kulturkommission der Gemeinde, bei den zwei Künstlern, bei Fernand Huss und seinen Gemeindearbeitern und bei den Firmen Peinture Heiles und Constructions Tavares Frères für die Vorbereitungen und das Bereitstellen von Material."

### Zohra:

"Jiddweree soll sech dat schéint Konschtwierk ukucke goen. Déi nächst Jore kënnen déi nei Sechst-Schoul-Joren déi aner Mauere molen."

Marc Barthelemy







## MAISON RELAIS WALDBËLLEG

Ee Schouljoer ass erëm ëm a mir hu vill flott Momenter erliewt an der Maison Relais. Während de leschten Méint hun d'Kanner vill gebak, gekacht, gemolt, gebastelt, gesongen, gedantz a gespillt. An an de Schoulvakazen gouf de Kanner wéi ëmmer een ofwesslungsräichen Aktivitéitenplang ugebueden, duerch den mir virun allem d'Sozialkompetenzen, d'Allgemengwëssen, d'Motorik, d'Sproochkenntnisser an déi perséinlech Wertschätzung vun de Kanner fuerderen wëllen. Dës Aktivitéiten loossen sêch nëmmen duerch eng onkompliziert Zesummenarbëcht mat eiser Kächin, eisen Gemengenarbëchter an villen aneren Leit ëm d'Maison Relais erméiglechen.

D'Gemeng huet an eiser Kantin Akustikplatten un de Plafong montéieren gelooss an d'Kantin ass duerch eng schéin Trennwand an der Mëtt ënnerdeelt gin. Elo kënnen d'Kanner aus den verschiddenen Cyclen méi getrennt iessen an mir hu vill manner Kaméidi beim Mëttesdësch.

Am Februar haten mir eis traditionell Fuesparty fir déi natierlech rëm all d'Elteren an d'Kanner invitéiert waren. Mir hun eis iwwert all Besuch gefreet an den een oder aner ass mat engem vollen Grapp Gewënner vun eiser Tombola heem gaangen. Bei eisem Rénert-Cup am Juni haaten mir d'Maison Relais aus Housen, Waasserbëlleg an Jonglënster mat insgesamt 85 Kanner op Besuch. Am Juli waren mir dann och op engem Fussballturnoi vun der Maison Relais vun Dräibuer invitéiert. Den Comité vun eiser a.s.b.l. huet am Juni fir d'Kanner, hiir Elteren an d'Personal gegrillt. Mir hun e puer gespréicheg Stonnen mateen verbruecht an och een Donnerwieder huet d'Leit nët dovun ofgehaalen eng Stënnchen méi laang sëtzen ze bleiwen. Besonnësch flott war fir d'Kanner den Besuch an der Kannerstad Mini-Lënster zu Jonglënster (<http://www.rtl.lu/letzebuerg/lokal/gemeng/junglinster/news/>). Hei hun d'Kanner spillerësch den Eescht vum Liewen kennegeléiert a konten während e puer Stonnen bal ganz wéi déi Erwuessen verbréngen.

D'Equipe vun der Maison Relais besteet momentan aus 17 Persounen. Eis Kächin suergt all Dag mat Hëllef vun eiser Kichenhëllef fir ee gudd gefülltenen Bauch. Eis Botzfra hält d'Haus blitzebank. 7 Hëllefserzéierinnen (Aide socio-éducative, ASE), 4 diploméiert Erzéierinnen an 3 „Educateurs gradués en formation“ (dovun 2 schon diploméiert Erzéier) suergen fir d'Wuel vun de Kanner aus der Waldbëlleger Gemeng an Emgéigend. Sait Ugangs Juli hu mir déi éischte Kéier eng männlech Verstärkung an eiser erzéierescher Equipe.

Mëttlerweil sin an eiser Maison Relais 150 Kanner ageschriwwen an déi fräi Plazen sin virrangëg fir déi Kanner, wou d'Elteren allengerzéiend an berufstätig sin oder wou déi zwee Elterendeeler schaffen gin. Wann dir weider Froen hutt oder eventuell äer Kanner bei eis umellen wëllt, kënn dir iech bei eis ënnert der Nummer: 87 88 46-40 oder per mail: [maisonrelais.waldbillig@ecole.lu](mailto:maisonrelais.waldbillig@ecole.lu) melden. Mir stin iech gär zur Verfügung.

*Joëlle Leuchter, Chargée de direction*





# IMPRESSIONEN VUN AN AUS DER MAISON RELAIS

Schouljoër 2013/2014





## LASEP WALDBËLLEG

Am Schouljoer 2013 – 2014 ass d'LASEP an der Gemeng Waldbëlleg no enger 6-jähriger Paus rem an d'Liewen geruff gin. Am September 2013 hun 15 Kanner aus dem Cycle 2 – 4 mat ugefang, an am Juli 2014 haaten mir schon 30 Kanner, déi d'LASEP Méindes (Cycle 2) oder Mëttwochs (Cycle 3 & 4) vun 16.00 – 17.00 Auer no der Schoul besicht hun. Mat vill Spaass an Motivatioun hu mir ënnerschiddlech Sportarten kennegeléiert an bei dem engen oder aneren Kand ee richtegen Sports- a Kämpfergeeschcht erausgekiddelt.

D'LASEP huet dëst Joer vill Aktivitéiten ugebueden a mir waren och op verschidden Ausflüch:

<b>19.11.2013</b>	<b>Butzespiller</b>	<b>Kiem</b>	<b>Cycle 2 Mixte</b>
<b>14.01.2014</b>	<b>Fussballturnoi</b>	<b>Préizerdall</b>	<b>Cycle 2 – 4 Meedercher</b>
<b>08.05.2014</b>	<b>Multi-Culti-Spiller</b>	<b>Stad Lëtzebuerg</b>	<b>Cycle 2 – 4 Mixte</b>
<b>19.06.2014</b>	<b>Fussballturnoi</b>	<b>Kielen</b>	<b>Cycle 2 – 4 Mixte</b>

D'Gemeng Waldbëlleg huet eis ee Saz Tricoten gestëft, mat denen mir eis Gemeng an d'LASEP Waldbëlleg éierbar dobaussen präsentéieren kënnen.

De Sport ass nët nëmmen eng flott Art a Weis, sëch kierperlëch unzestengen an séng Energie lass ze gin, mee bei eis léieren d'Kanner an engem spillerëschen an kollegialen Kader sëch an ee Grupp ze integréieren, mat a fir de Grupp ze schaffen an esou säin egent Selbstwertgefill ze hiewen. Duerch eisen perséinlechen Sportsgeeschcht versichen mir de Kanner ze vermëttelen, wéivill een mam Sport aleng an zesummen erreechen kann a wéivill Spaass et ka maachen sëch ze bewegen.

Well mir hoffen, dass och dëst Joer vill Kanner de Wee an d'LASEP fannen, hu mir d'Auerzäiten an d'Gruppenopdeelung e bëssen verännert:

<b>Méindes</b>	<b>12.05 – 13.05</b>	<b>Cycle 2</b>	<b>Méiglechkeet duerno an der Maison Relais z'iessen</b>
<b>Mëttwochs</b>	<b>12.05 – 13.05</b>	<b>Cycle 4</b>	<b>Méiglechkeet duerno an der Maison Relais z'iessen</b>
<b>Freides</b>	<b>12.05 – 13.05</b>	<b>Cycle 3</b>	<b>Méiglechkeet duerno an der Maison Relais z'iessen</b>

Am Kader vun eisem Programm fréen mir eis iwwert all sportlëch Idéen oder Virschléi, déi eis Offer nach méi spannend an intressant maachen kéinten. Déi lokal Veräiner sin och härzlech invitéiert, fir eis ze kontaktéieren, wann sie hiiren Sport an enger LASEP-Stonn wëllen virféieren kommen (Email: [maisonrelais.waldbillig@ecole.lu](mailto:maisonrelais.waldbillig@ecole.lu) / Tél.: 87 88 46 54).

Mat sportlëchen Gréiss,  
*Joëlle Leuchter & Claudia Travascio*



# IMPRESSIONEN VUN DER LASEP

Schouljoër 2013/2014



# LASEP Fussballturnoi 2014 am Präizerdall

NONO



ALICIA



PAULINE

ANA-BEATRIZ



ZOE

LYNN

LEYLA

JIL

SO SEHEN SIEGER AUS!

ALINE

SHAYAN

CHIARA

MAYARI

ULLI

JOËLLE



BRAVO Meedercher fir déi 4. Plaz vun 14 Equippen!

V  
...ER  
ÄI  
NER

ASSOCIATIONS





## ANDAMOS! ASBL.

**Andamos heescht esou vill wei : Kommt mir ginn!**

Andamos ass eng kleng lëtzebuenger asbl mat Setz zu Waldbëlleg a besteet säit 2008. Mir maache kleng Projeten a Latäinamerika, haaptsächlech a Bolivien an am Chile. Ons asbl besteet aus 6 Leit a mir hunn all schonn u verschiddene Projete vun de Lëtzebuenger Guiden a Scouten deelgeholl a konnten esou vill Erfahrungen an der Entwécklungsarbeit maachen. Mir fueren all zwee Joer zu enger Delegation a Bolivien eis Projete kucken.

Eise Partner a Bolivien ass d'Fundacion Cristo Vive Bolivia. Mat hinne konnte mir säit eisem Bestehen eng Rei Projeten ausschaffen an duerchéien. Mir bidden zum Beispill eng Patenschaft un fir Schüler aus der Schoul Sayarinapaj, enger technescher Schoul zu Bellavista an der Géigend vu Cochabamba. Mat 20 € am Mount finanzéieren eis Giedelen a Pätteren esou en Deel vun der Liewenskäschten an der Ausbildung.

Ausserdeem bezuele mer hei eng Assistante sociale déi haaptsächlech Elterebetreiung mecht an e puer Mol am Joer e Workshop ubitt an deenen d'Elteren zu verschiddenen Themen, wei z.B. Gesond Ernährung, schaffen.

Zu Tirani, enger Gemeng vu Cochabamba, bezuele mer d'ënnersiche beim Dokter an Zännokter an de néidege Behandlungen vu ronn 100 Kanner. Ausserdeem bezuele mer eng Educatrice déi an der Hausaufgabenhëllef tätég ass.

E weidere Projet ass e Stipendium vum Silvia, enger jonker Fra vun Tirani déi e Studium als assistante sociale mecht. Läscht Joer konnte mer enger weiderer Fra eng Ausbildung zur Kichenhëllef finanzéieren. Säit 2012 ënnerstëtze mer ausserdeem e Projet zu Cochabamba, Puriskiris, deen sech em eeler Leit dréint. Oft liewen si eleng oder esouguer op der Strooss a gi vun 2 Leit betreit. Säit dësem Joer finanzéiere mer do ausserdeem eng Infirmiere déi no der Gesondheet vun de Leit kuckt an déi néideg Soine mecht.

Zu Santiago de Chile ënnerstëtze mer en Deel vum Projet Teatrobus, engem theaterpädagogesche Projet vun enger Frëndin, dat am Aarmevéierel mat benodeelegte Kanner a Jugendleche schafft. Dëse Projet gëtt 2014 nei iwwerduecht an nei strukturéiert. Wëllt dir eis Aarbecht ënnerstëtze kent dir dëst iwwert en Don maachen oder en Parrainage ufroen. Wann dir eis eventuell virgesitt beim Erléis vun engem Fest komme mer gäre bei iech fir iwwert ons Aarbecht ze schwätzen.

**Bei Froen: [contact@andamos.lu](mailto:contact@andamos.lu) Eis Homepage: [www.andamos.lu](http://www.andamos.lu)**

**Eise Konto: BCEE LU80 0019 2955 3635 3000**

*Luc Azzeri*





## 9. ADVENTSMAART VUN DER ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG

27. November 2013



Léif Kanner, Elteren, Léierpersonal, Personal vun der Maison Relais, Membere vun der Schoul Commission, interesséiert Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg a Vertrieeder vum Schäffen- a Gemengerot, MERCI fir äre kontinuierlech Ënnerstëtzung vun ons Adventsmaart!!!

E spezielle Merci un d'Cathelyne Vermast, d'Génévieve Coste, d'Josiane Reinert, den Théo Moulin, de Fernand Huss an d'Mélanie Nussbaum fir hiren Hëllef virun ons Maart!



EVW Homepage  
<http://evw.editme.com/>



## D'GENERALVERSAMMLUNG VUN DER ELTRENVEREENEGUNG

Waldbëlleg de 14. November 2013

Verschidden Aa hun grouss gekuckt wéi d'Thema vun der Dräi'er Coalitioun ugeschwat ginn as den Owend vum 14. November! Mir wollten net iwwert national Politik diskutéiere mä iwwert ons lokal reeboufaarweg Dräi'er-Coalitioun - d'Akteuren aus onser Schoul-Communautéit, d'Gemeng Waldbëlleg an d'Elterevereinigung Waldbëlleg - schwätzen. Mir wollten déi zolid Zesummenaarbecht ervirhiewen, déi tëscht eis entsteet an deenen annere Coalitiounspartnere Merci soe fir hir Ënnerstëtzung iwwert d'Joeren. Fir eng staark Schoul a gesond, ënnerstëtzt an erausgefouert Schüler muss een Hand an Hand schaffen.

Dëst Joer as en Drëttel vun onsem Comité ausgetrueden. Mir hunn dem Julio Sobral, dem Marja Kool an dem Diane Wenner en decke Merci gesot fir hirt Engagement déi läsch Joeren an hunn hinnen och e kleng Kado iwwerrecht fir eis Dankbarkeet ze weisen. Mir wäerten sie vermessen, mä mir konnte glécklecherweis 4 nei Comitésmemberen ophuelen! Chantal Meyers-Albert, d'Simone Mehlen-Wohl an d'Carmen Seyler sin während eiser Generalversammlung nei gewielt ginn an d'Nina Federmeier-Czerkus as no der offizieller Versammlung co-optéiert ginn. Mir fréeën eis iwwert eis nei Comitésmemberen!

Mir soen op dëser Plaz dem Carole Wampach an dem Betty Helminger nach eng Kéier Merci fir hir Aarbecht als Keesserevisseuren!

Zum Schluss, sin mir ëmmer frou Membere vum Schaffen- an Gemengerot, e Member vum Schoulcomité an d'Léierpersonal, Représentante vun der Maison Relais an och natierlech Eltren op eiser Generalversammlung begrëssen ze kennen.

*Christine SUNNEN - Chantal DIMMER - Myriam SCHOLTES - Corinne MEYERS - Christiane FELGEN - Mireille MAJERES - Chantal MEYERS-ALBERT - Simone MEHLEN-WOHL - Carmen SEYLER - Nina FEDERMEYER-CZERKUS*



## WAT KANN EEN MAT 100 EUR MAACHEN?

Dat freet een sech, mee d'Elterevereinigung Waldbëlleg huet eng Iddi wat eng Klass mat 100 EUR maachen kann!

Et kann een en Deel vum Mëttesessen oder d'Entrées Ticketen fir an den Betebuger Park fir den Cycle 1 bezuelen.  
Et kann een e klengen Deel vum Ausflug op Köln vum Cycle 4.2 bezuelen.  
Et kann een en Deel vun den Entrées Ticketen an den Militaire's Musée zu Dikrech vum Cycle 4.1 bezuelen.  
Et kann een...

D'Léierpersonal entscheed wéi d'Geld fir hir Schoulausflich benotzt gët an d'Elterevereinigung Waldbëlleg as ëmmer frou en Don vun 1.000 Euro (100 EUR pro Klass) am Juni ze maachen. Mir ënnerstëtzen gär de Kanner hir Aktivitéiten!

Mir wënschen der ganzer Schoul Communotéit eng schéin an erhuelsam Grouss Vakanz!!

*Christine SUNNEN - Chantal DIMMER - Myriam SCHOLTES - Corinne MEYERS - Christiane FELGEN - Mireille MAJERES - Chantal MEYERS-ALBERT - Simone MEHLEN-WOHL - Carmen SEYLER - Nina FEDERMEYER-CZERKUS*



## WAS SIND LEGALE UND ILLEGALE DROGEN?

### WIE VIELE GIFTSTOFFE SIND IM NIKOTIN?

## WAS SIND DIE FOLGEN UND DIE KRANKHEITEN BEDINGT DURCH DAS RAUCHEN?

### WARUM IST DER ALKOHOLKONSUM FÜR JUGENDLICHE BIS ZU

### EINEM BESTIMMTEN ALTER VERBOTEN?

Fir Äntwerten op dës Froen an viles méi ze kréien, waren 59 Schüler aus dem Cycle 4.2 vun Waldbëlleg an Beefort den 27.6.2014 um d'Anti-Drogen Dag zu Waldbëlleg. Den Här Laurent Goedert, Commissaire en Chef vun der Police, Service Préventioun, huet hinnen moies d'Geforen vun illegalen an legalen Drogen méi no bruecht. Fir d'Mëttegiessen huet de Comité vun der Eltereereenegung Waldbëlleg hinnen all eng gudd Spaghetti gekacht fir si fir den Rallye Mëttes ze stäerken. D'Schüler sin an 7 Gruppen opgedeelt gin an fir 2 Stonnen sin si duerch Waldbëlleg an d'Emgéigend gaangen. Op 7 verschidde Statiounen hun si missten Froen iwuer dat wat si moies geléiert hun beäntwerten an eng Aktivitéit maachen wéi zum Beispill Tabu spielen oder eng Waasserstaffel machen.


Gudd mitt an duuschtereg sin si all op eiser Ofschloosréceptioun géint 15:00 ukomm. Do war onse Buergermeeschter, den Jean-Luc Schleich, e Verrieder vum Schefferot vun Beefort an Verrieder vun der Police schon présent. D'Gewënner vum Molconcours a vum Rallye sin verkënnegt gin. Als Ofschloss huet all Schüler en T-Shirt mam Gewënnerbild drop iwerecht kritt.

#### Gewënner vum Molconcours:

1. Julie Moyen
2. Zohra Barthelemy
3. Tiago Loureiro

#### Gewënner vum Rallye (Group 3)

Lucas Andrieux  
David Laschet  
Bruno Dos Santos Ricardo  
Samuel Freitas Fernandes  
Alisa Alija  
Morgane Donkols  
Sven Schroeder  
Jonathan Sobral



#### Mir soen MERCI!

- dem Léierpersonnel vum d'Cycle 4.2 vun Beefort an Waldbëlleg
- dem Commissaire en Chef Laurent Goedert
- dem Ministère de l'Education fir hiren Subside
- der Gemeng Waldbëlleg fir all hir genéreis finanziell, techesch an administrativ Ennerstëtzung!!

Zum Schluss soen mir den 59 Schüler merci fir hir gudd Aarbecht um Anti-Drogen Dag a mir wënschen hinnen alles guddes am Lycée d'nächst Joer!!

De Comité:

**Christine SUNNEN - Chantal DIMMER - Myriam SCHOLTES - Corinne MEYERS - Christiane FELGEN - Mireille MAJERES - Chantal MEYERS-ALBERT - Simone MEHLEN-WOHL - Carmen SEYLER - Nina FEDERMEYER-CZERKUS**



## D'CHORALE "SANG MAT WALDBËLLEG HALER" STELLT SECH VIR

De jëtzege Veräin geet aus zwee lokale Gesangveräiner ervir. Hei e kuerzen Historique vun deenen zwee fusionéierte Veräiner:

D'Grënnungsjoer vun der "Chorale Ste -Cécile Waldbillig", geet op d'Joer 1889 zeréck. De Veräin war ursprénglech e Männerchouer, bis en 1971 zu engem gemëschte Chouer ginn ass, well et un aktivem Zouwuess gefeelt huet. Dem "Sang Mat Haler" seng Wuerzele ginn op de Kannerchouer "Effata" zeréck, deen am Joer 1981 gegrënnt gouf. Dorausser ass am Joer 1991 de "Sang Mat Haler" entstanen.

An enger ausseruerdentlecher Generalversammlung vum 17. Oktober 2003 ass d'Fusioun vun der "Chorale Ste Cécile Waldbillig" an dem "Sang Mat Haler" offiziell ginn. Déi zwou Chorallen hu schonns zënter 1998 zesumme gesongen well et a béiden un aktive Sänger gefeelt huet.

Mir, als "Sang Mat Waldbëlleg- Haler" setzen eis zur Aufgab, fréier wéi och haut, d'Massen ze verschéieren, déi souwuel zu Waldbëlleg wéi och zu Haler gefeiert ginn. Do dernieft huele mir un regionale Massen am Parverband deel. Mir ginn desöftere gefrot fir auswäerts Hochzäiten ze singen.

Eis Prouwe sinn ëmmer Donneschdes vun 20.00-21.30 an der Haler Kierch.

Mir zielen de Moment 28 Memberen: 19 aktiv Sänger an 9 Memberen déi bei weltleche Manifestatiounen hëllef. Eise Comité setzt sech aus folgende 6 Leit zesummen:

Eis Präsidentin ass d'Danielle Baden-Lobitz. De Boonen's Louis hält alles schrëftlech fest an d'Lony Michels-Tholl këmmert sech ëm d'Finanzen. D'Yolande Berrend, d'Sony Jung-Faber an d'Catalina Van Meel-Baden stinn hinnen mat Rot an Dot zur Sait.

Dirigéiert gëtt de Chouer vum Claude Schmit an den Henry Wickens suert fir de richtegen Toun.



2008, e puer der ronner Gebuertsdeeg si gefeiert ginn. Den Edouard Lies, eisen eelsten Sänger huet seng 80 gefeiert. Mir si frou, dass hien nach ëmmer dobäi ass.



Scheckiwwerreechung 2008



Medaillieniwverrechnung 2012

**Zu eise weltleche Manifestatiounen zielen ënner anerem:**

- d' Buergbrennen, dat mir zesummen mat de Pompjeeën aus eiser Gemeng organiséieren a wou mir mat eisem Won duerch d'Duerf fueren a Pangescher verdeelen.
- den traditionellen Te Deum, deen um Virowend vun Nationalfeierdag ofgehale gëtt. Fir dëss Geleeënheet präparéieren mir zënter e puer Joer d'Bréidercher fir bei de Patt deen owes vun der Gemeng offréiert gëtt a garantéieren och den Service.
- D'Millefest, d'Duerffest an de Chrëschtmaart, wou mir zesumme mat anere Veräiner aus der Gemeng schaffen.

Fir Léiffrawëschdag sinn eenzel Dammen ganz aktiv, da gesäit een si um Flouer, et gëtt geroch a gefachsimpelt op dat dann och déi richteg Kraider fir an de Wësch sinn. Den Auto vollgepaakt, geet et a Richtung Haff "Am Aker", do ginn all déi Kraider zu engem Wësch gebonnen a fir de 15. August virun de Volleksaltar geluecht. Déi lescht Joere kruten déi interesséiert Leit e Wësch a mir kruten 1 Don an d'Keess dee fir Restauratioun vun der Waldbëlleger Kierch bestëmmt war. Mir wäerten dat dëst Joer och bäibehalen.

An der Vergaangenheet hu mir regelméisseg Manifestatiounen organiséiert fir e gudden Zweck, wéi z.B. eis erfollegräich Theater a Lorient-Owender souwéi eise Quiz, déi sou munche Léit nach a beschter Erënnerung wärte sinn. Fir esou Aktivitéiten z'organiséiere brauch ee vill Zäit, Energie awer och Kreativitéit a fir esou Manifestatiounen erëm opliewen ze loosse wier et net falsch e puer Membere méi an eise Reien ze hunn. (avis aux amateurs).

D'Veräinsliewe besteet awer net nëmme aus Schaffen, neen Erhuelung muss och sinn. Wann dat berühmten "Reesféiwer" eis da bis gepaak huet, da geet et fort, sief et mam Bus, Flieger, Schëff... 4-5 Deeg maache mir eis meeschtens duerch d'Bascht. Haler a Waldbëlleg dréien och weider ouni eis. Da loosse mir eis et sou richteg gutt goen an d'Keess gëtt gebotzt. Flott Destinatiounen hate mir schonns vill, sou Reese suerge fir eng gutt Entente, si schweessen zesummen a si suergen ëmmer erëm fir flott Anekdoten iwwert déi nach laang geschwat a gelaacht gëtt.

Wéi dir gesidd, si mir e liewege Veräin a wa mir lech elo Loscht gemaach hunn bei eis an de Reien aktiv ze ginn, dann zeckt net laang a mellst lech beim Danielle Baden: **691 63 22 49** oder beim Louis Boonen: **691 40 80 61**.





*Sang Mat Waldbëlleg-Haler 2010*



*Barcelona 2011*



*Barcelona 2011*



## AMC CHRESTNECH

Nodiem d'Entstoe vun eisem Klub, den "Aéromodélistes Chrëstnech", am läesten « DE FUUSS » beschriwwen gouf, soll dëse Beitrag d'Aktivitéiten am Veräin méi no beliichten.

Et ass logesch, datt um "Aéroport Fons Mehlen am Vugelsbësch", d'Fléien d'Haaptbeschäftegung ass. Duernieft gëtt do awer och d'Geselligkeet grouss geschriwwen a gefleegt. E Mëtteg ouni eng Taass Kaffi oder Téi mat enger klenger Schneekegkeet derbäi, dat war keen. An eisem, nom Stuerschued propper an heemlech ausgekleete Chalet, ginn do d'Aktualitéiten analyséiert a kommentéiert, gëtt gefachsimplert an déi wonnerschéi Siicht an Natur genoss. Kuerz, all dat, wat zu engem gemittleche, stressfräie Mëtteg gehéiert, huet Prioritéit.

Mat Spannung gëtt do vun Zäit zu Zäit op nei Modeller gewaart, déi vun dienen aktivste Piloten a sëllegen Arbëchts- respektiv Bastelstonnen zesumme gesat goufen. Vill méi Technik, wéi munchere mengt, stécht an diene kleng Flugmaschinnen, déi, wann se mat Broselegkeet zesumme "geknuppt" goufen, iwwerhaupt net fléien.

Fir se ze steieren, ass och net esou einfach, wéi et sech ugesäit. Fléit z.B. de Modell vum Pilot fort, ergëtt rechts op der Fernsteuerung och ee Manöver vum Modell no rechts. Kënnt de Fliger awer op säi Pilot duer, da geet d'Maschinn bei rechts op der Télécommande no lénks fort ! Genau souvill Konzentratioun gëtt gebraucht, wann de Fliger um Réck fléit. Da gëtt aus héich déif an ëmgedréit. Wat séch als Spillgezäi ugesäit, erfuerdert hettjesdaags vill technesch Kenschaft, Konzentratioun a vill Gefill an de Fangerspëtzen.

Mir hunn am Klub vill Zorte vu ferngesteierde Flugmodeller. De "Segler" ka mat Bensin- oder Elektromotor an d'Héicht goen oder mam elastesche Band an d'Luucht katapultéiert ginn oder awer och "huckepack" - esou wéi d'Raumfähr um Jumbo - mat erop geholl ginn. Eemol uewen ass et d'Kenschaft, Thermik ze sichen an esou laang ewéi méiglech ouni Undriff an der Luucht ze bleiwen.

Duerch eng nei Zort vun Akku, - Lippoen - gëtt den elektreschen Undriff ëmmer méi dacks agebaut. Haaptsächlech déi fiederlicht Modeller aus Styrodur oder méi kleng Apparater gi mat Elektromotor ugedriwwen. Och eis Helikopterpilote setze, wéi vill aner och, wéint dem Kaméidi ëmmer méi op d'Elektrizitéit. Déi méi grouss a schwéier Modeller hu Bensinmotore montéiert, déi dacks méi Hubraum hunn ewéi déi fréier bekannte "Quicklien". Den nec plus ultra ass den Undriff duerch eng "Turbinn". Déi sënn awer fuerchtbar deier (vun 2.500 € un) an d'Startpist soll stëbsfräi sënn, wat op eiser Graspist net ginn ass. Diemno hu mir nach kee Fliger mat Turbinnenundriff am Klub.

Déi läescht Moud sënn d'Drohnen, batteriebedriwwen Flugmaschinne mat 4 Propelleren, déi an der Öffentlechkeet zur Zäit vill diskutéiert ginn. Equipéiert mat enger Kamera, kënne si an der Luucht stoe bleiwen a Filmer a Fotoë maachen. D'Panoramabild vun der Pist gouf den 29. Juni 2014 um Familjefest vum "AMC" vun esou enger Drohn gemaach. Technesch optimal ageriicht, ass et méiglech, d'Drohn esou ze programméieren – ähnlech wéi den Navi am Auto – datt si op Commande erëm genee op déi Plaz zrëck kënnt, wou si fortgeflügen ass!

De Moment besteet de Club aus 22 Memberen, inklusiv dem Éiereprésident. Mir hunn eis selwer an der Zuel begrenzt, déi haut bei 25 läit. Interessente fir an de Klub manifestéiere sech bei engem Member. No enger "Stagezäit" entsched déi nächst Generalversammlung dann iwwert eng aktiv Memberschaft. Niewt dem Bezuelen vun enger Cotisatioun (momentan 80.- € d'Joer), ass d'Méie vun der Pist absolut Pflicht.



D'Gras gëtt kuerz gehalen, fir ideal Startkonditiounen ze garantéieren a fir dem Visiteur an dem Passant de Site propper an nett ze präsentéieren.

Mir hate Gottseidank nach kee schlëmmen Akzident op eisem Terrain. Säiteweis lëschtteg Geschichten an Anekdoten kënn ech hei schreiwen. Zum Ofschloss, hei eng dervun, déi gutt ausgang ass.

Ee vun eise Kollegen hat sech um Fachmaart eng Rakéit kaaft. Minutiös, no Beschreiwung, huet hien seng Exklusivitéit, op sécherer Distanz zu eisem Chalet, um Terrain opgebaut. Scho beim Opbau huet d'Loft vibréiert vu lauter Spannung. D'Wick gouf a Brand gesat a gewaart, wéi héich se géing fléien... Et huet gezischt a gekwonkt, d'Rakéit huet ofgehewen an, amplaz, datt se wéi virgesinn, géint Himmel geflügen ass, huet se sech op d'Säit geluecht an ass horizontal an annerhalwem Meter Héicht iwver dem Buedem a Richtung Chalet gedüst komm, wou si och no Brochdeeler vu Sekonnen ageschloen ass!! Kengem eppes geschitt, kee Schued, mee vill Uz a Gelästers fir eise Kolleg. Béis Zonge behaupten, et wier him eng Buedem-Buedem-Rakéit ugedréit gi gewiesst.... Duerno ass um "Cape-Vugelsbësch" keng Rakéit méi ofgeschoss ginn.

## WËLLKOMM AM VUGELSBËSCH!

*Paul Mehlen, Präsident*





## FC OLYMPIA CHRËSCHTNECH-WALDBËLLEG

Tabell - Division 2 Seniors Masculin Série 1

Classe	Nom	Points	Joué	Gagné	Perdu	Match nul	Buts pour	Buts contre	Différence buts
1	FC Jeunesse Schieren A.S.B.L	61	26	18	1	7	63	23	40
2	FC 47 Bastendorf	59	26	18	3	5	81	20	61
3	FC Pratzertal-Redange	51	26	16	7	3	47	43	4
4	FC Sporting Mertzig	50	26	15	6	5	68	39	29
5	Amis Sportifs Hosingen	43	26	13	9	4	53	49	4
6	FC Jeunesse Biver	38	26	11	10	5	51	52	-1
7	FC Olympia Christnach-Waldbillig	35	26	10	11	5	44	51	-7
8	AS Colmarberg	32	26	9	12	5	35	42	-7
9	FC Blô-weiss Medernach	32	26	9	12	5	31	39	-8
10	Sporting Club Ell	31	26	8	11	7	47	45	2
11	FC Jeunesse Gilsdorf	28	26	7	12	7	40	44	-4
12	FC Racing Troisvierges - A	26	26	8	16	2	48	61	-13
13	FC Brouch	23	26	6	15	5	44	68	-24
14	CS Bourscheid	4	26	1	24	1	19	95	-76





## HUES DU LOSCHT FOUSSBALL ZE SPILLEN?

**Soubals du 5 Joer kriss kanns du bei eis Foussball spillen.**

Hei déi verschidden Kategorien:

2008/2009	<b>BAMBINIS</b>	<i>Trainer: VON SAYN WITTGENSTEIN Micha GSM 621 513 670 v.s.wittgenstein@gmail.com</i>
2006/2007	<b>PUPILLES</b>	<i>Trainer: SCHREINER Fred GSM 621 246 599 schreina@pt.lu</i>
2004/2005	<b>POUSSINS</b>	<i>Trainer: MEHLEN Jo GSM 621 294 033 mehlenjo@gmail.com</i>
2002/2003	<b>MINIMES</b>	<i>Trainer: DONVEN Alain GSM 621 540 242 donvena@pt.lu</i>
2000/2001	<b>SCOLAIRES</b>	<i>Trainer : POTT Christian</i>
1998/1999	<b>CADETS</b>	<i>Trainer : JEOFFROY Armand</i>

An den Kategorien MINIMES – SCOLAIRES – CADETS - DAMES spille mir an der Entente mat US BERDORF/CONSDORF.

Fir all weider Informatiounen:

**DONVEN Alain**

**GSM 621 540 242**

**donven@pt.lu**

**WWW.FCOLYMPIA.LU**





**IMPRESSIONEN  
FOOT FOR FUN**  
13.12.2013



**MANIFESTATIONS 2014**  
**SAVE THE DATE!**

*21./22./24. August 2014*

**SKODA GARAGE TEWES CUP**  
um Terrain zu Chrëschtnech

*Sonndes, 19. Oktober 2014*

**Wëldiessen**  
an der Cafeteria zu Waldbëlleg

*Freides, 21. Oktober 2014*

**Beaujolais' Owend**  
an der Cafeteria zu Waldbëlleg

*Freides, 12. Dezember 2014*

**FOOT for FUN**  
an der Cafeteria zu Waldbëlleg



## JOURNÉE DU GRAND ÂGE 2014

« Das Alter feiern, bedeutet das Leben feiern »



Die diesjährige « Journée du Grand Âge » in der Gemeinde Waldbilling wurde eingeläutet mit einem feierlichen Hochamt, das von Pfarrer Robert Kuzwela zelebriert wurde. Gesanglich gestaltet wurde der Gottesdienst von den vereinten Chören der Gemeinde unter der Stabführung von Claude Schmit und begleitet von Organist Henry Wickens.

Im Anschluss daran begrüßte Bürgermeister Jean-Luc Schleich die Anwesenden zum « Tag des Dritten Alters ». In seiner Ansprache, die unter dem Motto stand « Das Alter feiern, bedeutet das Leben feiern, ganz gleich wieviel Kerzen auf dem Kuchen brennen », ging er besonders auf die unzähligen Verdienste der älteren Mitbürger ein, die es verdienen, geehrt und ausgezeichnet zu werden. Die Gesellschaft schulde den älteren Mitmenschen Dank und Anerkennung, aber auch Herzlichkeit, Liebe und Verständnis, und dies für die unzähligen und mannigfachen Dienste in ihrer Familie und in der Gesellschaft.

Jean-Luc Schleich unterstrich, dass der ältere Mensch verlange, zur Gesellschaft von heute zu gehören und mit Respekt und Würde behandelt zu werden. Auch wenn der Körper vielleicht nicht mehr so robust sei wie früher, so seien doch die Gefühle, die Wünsche, die Hoffnungen und Gedanken der Senioren dieselben wie die der jüngeren Mitbürger. Der Wunsch der älteren Leute sei es, einen Menschen um sich zu haben, der ihm zuhört, ihn versteht und sich für seine Meinung und Aktivitäten interessiert. Schleich hob auch die Verdienste der Vereinigung « Jonk an AL » hervor, die, neben ihren sozialen Aktivitäten, in der Gemeinde zum Sprachrohr und zur Gewerkschaft aller älteren Mitbürger geworden seien.

Der Präsident von « Jonk an AL – Gemeng Waldbëlleg », Pierre Majerus, schloss sich den Worten seines Vorredners an und dankte der Gemeinde für die großzügige Unterstützung bei der Organisation der Feier sowie bei allen Veranstaltungen des Vereins. Anschließend beglückwünschten Bürgermeister und Präsident die Mitbürger, die im Laufe dieses Jahres ihren 75., 80., 85., 90. und 95. Geburtstag feiern.

Der Gemeinderat sowie der Vorstand von « Jonk an AL » überreichten folgenden Jubilaren ein Geburtstagsgeschenk : Lucie Feltgen-Meyers (75), Raymond Schaaf, Pierre Mehlen, Marcel Ewers, Edmond Hermes (80), Juliette Hary-Wilhelm, Irène Rippinger-Müller, Bebbi Frank-Tossing, Mme Schaack-Gengler, Raymond Alf (85), Virginie Richard-Gloesener, Edouard Lies, Mimi Kunnert-Thill, Marie Weydert-Ries (90), Catherine Grommes-Ries und Baron Ludolph De Schorlemer (95).

D.D.



Im Rahmen der Feier wurden die Mitbürger geehrt, die im Laufe dieses Jahres ihren 75., 80., 85., 90. oder 95. Geburtstag feiern.  
Foto: Denis Dimmer



## WALDBËLLEG : FLOTT CHRËSCHTFEIER BEI "JONK AN AL"»

De Senioreveräin « Jonk an Al vun der Gemeng Waldbëlleg » hat och dëst Jar erëm eng flott Chrëschtfeier organiséiert. De President Pierre Majerus war frou, ganz vill Membre begrëssen ze kënnen. Hien huet all deene merci gesot, déi eng Hand mat ugepaakt haten, fir dës Feier z'organisieren, wou de Veräin « Häerz wat begiers de » offrëiert huet, fir z'ïessen a fir ze drénken. D'Membre vum Comité hunn hiert Bescht gemaach, fir hir Membren esou richtig ze verwinne. Aus enger schéiner Tombola konnten déi glécklech Gewënner och nach vill Kaddoe mat heem huelen. Dës Feier ass op eng flott Manéier ageleet ginn, an zwar duerch e schéine Concert mat Chrëschtlieder vun der « Chorale Ste-Cécile Christnach » zesumme mat der « Chorale Ste-Cécile Nommern ». ënert der Leedung vum Marie-Josée Wirtgen, déi och d'Sängerinnen an d'Sänger um Piano begleet huet. De Buergermeeschter Jean-Luc Schleich huet de Veräin felicitéiert fir dës Initiativ, an hien huet drop higewisen, datt et wichteg an eisen turbulenten Zäiten ass, sech Zäit ze huele fir Besënnung a Rou. A wat eegent sech besser duerfir wéi eng Chrëschtfeier mat engem flotte Chrëschtconcert ? De Jean-Luc Schleich huet awer och bemierkt, datt hie frou ass, datt « Jonk an Al » un Traditione festhält, déi d'Leit beienee brengen an hinne Freed maachen. Duerno huet hien alle Leit schéi Chrëschtdeeg an e gesond a glécklécht neit Jar gewënscht. (Text op mywort 22.12.2013, Denis Dimmer)



## AUFSCHLUSSREICHE GENERALVERSAMMLUNG VON « JONK AN AL GEMENG WALDBËLLEG »

Verein und Gemeinde wollen mehr Lebensqualität für die älteren Mitbürger

Die « Cafeteria » in Waldbilling erwies sich als fast zu klein, als Präsident Pierre Majerus die diesjährige Generalversammlung von « Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg » eröffnete. Er begrüßte die zahlreichen Mitglieder sowie Vertreter der Nachbarsektionen Bech, Befort, Echternach und Nommern und als Ehrengäste Bürgermeister Jean-Luc Schleich und Schöffin Andrée Henx-Greischer. Der Präsident dankte den Mitgliedern für die mannigfache und wertvolle Arbeit, die sie im Laufe des vergangenen Jahres im Interesse des Vereins geleistet hatten. Ein spezieller Dank galt den Gemeindeverantwortlichen für die ausgezeichnete Zusammenarbeit und die finanzielle und technische Unterstützung. Pierre Majerus unterstrich, dass verschiedene gemeinsame Projekte in Planung seien, um dem Motto « Das Alter in die Mitte der Gesellschaft holen » gerecht zu werden.

Aus dem detaillierten Bericht der Sekretärin Irène Schmit-Dahm ging hervor, dass im Verein ein großes Pensum erfüllt wurde, um den Wünschen der Mitglieder nachzukommen. Sie hob besonders folgende Aktivitäten hervor : Organisation von zehn « Portes ouvertes », eines fünftägigen Ausfluges in die Haute-Savoie, von Tagesausflügen an die Mosel und zum Weihnachtsmarkt nach Saarbrücken, der « Journée du Grand Âge », eines Vereinsessens mit « Choucroute garnie », einer Feier zum Nikolaustag, einer Weihnachtsfeier mit einem Konzert der Chöre von Christnach und Nommern und einer reichhaltigen Tombola sowie die Teilnahme am Pilgertag zur Oktave nach Luxemburg.

Nachdem die Kassiererin Marianne Diederich-Meyers einen positiven Finanzbericht vorgetragen hatte streifte Irène Schmit kurz die Aktivitäten 2014 : « Portes ouvertes », die Feiern anlässlich der verschiedenen Feste, die « Journée du Grand Âge », eine Tagesfahrt nach Reims, die Pilgerfahrt in die Oktave sowie eine fünftägige Reise an den Achensee.

Bürgermeister Jean-Luc Schleich hob die Wichtigkeit des Vereins hervor, deren Ziel es ja sei, die Mitglieder zusammen zu bringen, gemeinsam zu arbeiten und zu organisieren, sich auszutauschen, miteinander sich zu freuen, zu lachen und zu unterhalten. Er ging auf die Zusammenarbeit mit dem Vorstand ein, die im Augenblick hauptsächlich darin bestehe, Projekte auszuarbeiten, um die Gemeinde seniorenfreundlicher zu gestalten und die Lebensqualität der älteren Mitbürger zu verbessern. Jean-Luc Schleich ging in seiner Ansprache besonders auf drei Punkte ein, die im Interesse des dritten Alters realisiert wurden oder kurzfristig ausgeführt werden : Der « Bummelbus » wurde schon nach kurzer Zeit zum Erfolg, denn von Januar bis Oktober 2013 wurde er von nicht weniger

als von 1.400 Mitbürgern in Anspruch genommen. Seit Januar 2014 besteht auch der Dienst « Heintzelmännercher » in der Gemeinde Waldbillig, der den älteren Leuten zur Verfügung steht, um kleinere Arbeiten im oder ums Haus zu erledigen. Schließlich teilte der Bürgermeister mit, dass dem Verein ein anderer Saal für die « Portes ouvertes » zur Verfügung gestellt werde und zwar der kleine Saal im « Veräinsbau » in Christnach. Die Mitglieder aus Waldbillig und Haller werden dann mit dem Gemeindebus zu den Veranstaltungen gefahren.

Der Vorstand vu « Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg » setzt sich wie folgt zusammen : Präsident : Pierre Majerus ; Vizepräsidentin : Marie-Thérèse Donatelli-Alff ; Sekretärin : Irène Schmit-Dahm ; Kassiererin : Marianne Diederich-Meyers ; Mitglieder : Pierre Diederich, Céline Schaaf-Petry und Raymond Schaaf ; als Kassenrevisoren fungieren Edouard Lies und Pierre Walch.

*D.D.*



*Der Vorstand von « Jonk an Al » und die Gemeindeverantwortlichen arbeiten gemeinsam im Interesse der Senioren der Gemeinde Waldbillig.  
Foto: Denis Dimmer*



## D'WALDBËLLEGER MUSEK

E flotte Programm fir Jonk an Al

Léif Lieserinnen a Lieser,


No eiser Generalversammlung, den 31. Januar huet d'Joer direkt mat engem vun eise flotten net-musikaleschen Highlights ugefaang, eisem traditionellen KKK – Kaffi, Kuch a Kniddelen. Dëst war e geselleschen Nomëtteg, wou ee sech et richtig gutt konnt goe loossen. Den 1. Mee hu mir eis schéi gring Meekränz verdeelt, déi mir um Virowend gebonnen hunn.

Eisen éischte musikalesche Programmpunkt war dann d'Kommioun, de 27. Abrëll, wou mir eis Kommiounskanner an hir Familljen am Cortège an d'Mass begleet hunn. Du guung et Schlag op Schlag, well schon Samstes, den 3. Mee hate mir lech op eise Galaconcert invitéiert, deen dëst Joer net ewéi gewinnt am Hentgesbau, mee an der Sporthal zu Waldbëlleg war. An dësem Kader ass och eis Jugendmusek an den Asaz komm an huet gewisen wat si kënnen. Ënnert Leedung vun eisem Chef Christophe Weiland hu mir flott Stécker, wéi „Hey Jude“, „Backdraft“ oder „Tage wie diese“ gespillt. Op dëser Plaz soe mir eisem Präsentateur, dem Här Jean-Luc Schleich, nach eng Kéier villmools Merci, datt hien mat vill Witz a Charme duerch de Programm gefouert huet. Duerno stuung eng Auditioun um Programm, déi zesumme mat der Gemeng an dem Conservatoire du Nord organiséiert gouf. Hei konnt een eis jonk an och manner jonk musikalesch Talenter aus der Gemeng lauschteren. D'Scheckiwwerreeschung vun eisem gemeinsamen Adventsconcert mam Mëllerdaller Männerchouer war Enn Mee. Dëst Joer goug den Erléiss un Les Amis de l'Inde asbl..Och um Millefest am Mëllerdall war d'Musek vertrauden a war fir d'Gegrills zoustänneg. Natiirlech hu mir och aner Concerte gespillt, wéi zum Beispill op der Plëss, zu Gréiwemaacher, zu lechternach an traditionnell eisen Saisonsofschlossconcert am Mëllerdall.

Eisen nächsten net-musikaleschen Highlight ass den Thé dansant, den 28. September 2014, an der Cafeteria vun der Sportshal. Schreift lech et schon an den Agenda. D'Waldbëlleger Musek, esou wéi all aner Veräin, ass op den Nowuess ugewisen a mir giffen eis freeën all déi Kanner a Jugendlecher, déi Rhythmus am Blut a Spaass un der Musek hunn, bei eis an der Jugendmusek opzehuelen. D'Jugendmusek prouft ëmmer dënstes owes virun deene Groussen. Bei weidere Froen, kontaktéiert eis (Président: 621 144 886). Mee mir huelen net nëmme Jonker bei eis op. Dir spillt en Instrument, op Tuba, Posaune, Klarinett, da maacht lech prett, mir prouwen dënstes owes vun 20h00 bis 22h00. Dir sitt häerzlech wëllkomm. A wann Dir keen Instrument spillt, an Dir sitt frou mat Musek an hutt Loscht an enger flotter, dynamescher Equipp ze schaffen, wéi wier et da mat enger Plaz am Comité. Mir giffen eis iwwert e puer engagéiert Leit freeën. D'Waldbëlleger Musek fënnt een och rem online op eisem neie Site:

Op eiser Websait [www.waldbelleger-musek.lu](http://www.waldbelleger-musek.lu) fannt Dir all Informatiounen zu der Musek, zum Programm an déi neiste Fotoen.


Annik Reinert, Secrétaire







## POMPJEEËN VUN DER GEMENG WALDBËLLEG - ENG STAARK EQUIPPE!



Die Feuerwehr von heute sieht sich immer mehr neueren Gefahren und Aufgaben gegenüber, wie zum Beispiel bei Unfällen mit Hybrid- Elektrofahrzeugen oder im Falle eines Brandes von Niedrig-Energiehäusern, welche oft zur Rauchgas-Durchzündung neigen. Die Wehr der Gemeinde Waldbillig hat kürzlich den Dienst des First Responder eingeführt, welcher den Einwohnern in der Gemeinde erste medizinische Versorgung zukommen lässt.

Wegen akutem Platzmangel wurde es notwendig ein neues Feuerwehrlokal zu planen. Seit der Fusion der drei Wehren Haller, Christnach und Waldbillig wurde es dann endlich soweit.

Im Dezember 2013 sind wir stolz in unser neues Interventionszentrum umgezogen.

Im neuen Feuerwehrlokal befinden sich eine Fahrzeughalle, ein Ankleideraum, Sanitäranlagen, sowie ein Jugendraum, welcher als Büro und Multifunktionssaal, als Ausbildungs-, Aufenthaltsraum und Küche benutzt wird. In Zusammenarbeit mit den Feuerwehren Heffingen/ Reuland und Larochette, wurde neben dem neuen Gebäude auch eine Atemluft-Füllstation errichtet, die dazu dient die Pressluftflaschen (300bar) wieder aufzufüllen.

Unsere Leute sind ständig dabei auf lokaler, regionaler und internationaler Ebene zu üben und sich weiter zu bilden. Dazu nennen wir Ihnen einige Beispiele:

- regelmäßige interne Übungen im Feuerwehrlokal;
  - Verkehrsunfallübungen mit ausländischen Ausbildern bei der Safety tour in Larochette;
  - Atemschutzübungen in der RAGTAL bei Wasserbillig;
  - diverse Fachkurse;
  - Fachsymposium zur Unfallrettung in Geldern (B.R.D) bei den Rescue Days;
  - Teambildung und Kommunikation bei der Fit for Rescue im Bühlerthal (Schwarzwald)
- u.v.m.

Wenn DU dich berufen fühlst in einer jungen, schlagkräftigen und dynamischen Mannschaft mitzuarbeiten, dann melde dich bitte

(Wagner Roland Tel: **691 870272**)!

Wir schliessen uns dem Aufruf an die Bevölkerung der Wehr der Stadt Dormagen in Deutschland an:

**Wir haben die dicksten Hupen!**

**Wir haben die längsten Schläuche!**

**Und wir wollen mehr als nur ein Abenteurer!**

Mit diesen Worten wünscht ihnen die Feuerwehr Waldbillig einen schönen Sommer.


*Wagner Roland, Chef de corps*



Verkehrssicherung Charlie Gaul



Atemschutz Notfalltraining



Rescue Days in Geldern




Rohbaubesprechung neues TLF2000

Atemschutz Übung

Rauchgas Durchzündungsanlage in der RAGTAL



Safety Tour in Larochette



Fit for Rescue in Bühlerthal





## EIN NEUES TANKLÖSCHFAHRZEUG FÜR DIE FEUERWEHR WALDBILLIG



Die Feuerwehr Waldbillig freut sich Ihnen ihr neues TLF (Tanklöschfahrzeug 2000L) vorzustellen, welches in Kürze in Betrieb sein wird. Dieses Fahrzeug wird den alten TLF2000 ersetzen, welcher 21 Jahre seinen Dienst geleistet hat.

Um Ihnen einen kleinen Einblick über die Funktionen des neuen TLF der Firma Ziegler zu erteilen, zählen wir Ihnen einige Angaben aus dem Lastenheft auf:

- Fahrgestell: MAN-TGM 13290, Allrad, automatisiertes Schaltgetriebe, Schleuderketten;
- Staffelnkabine für 6 Mann. In den hinteren 4 Sitzen sind Atemschutzgeräte eingebaut, die es den Feuerwehrleuten ermöglichen sich während der Fahrt auszurüsten;
- Pumpe: Ziegler FPN 10-2000 ( 2000L/min bei 10 bar Druck) und eine Druckzumischungsanlage für Schaummittel;
- Wassertank von 2000L und 200l Schaummittel sind im Aufbau verbaut;
- Auf dem Dach ist ein abnehmbarer Wasser/Schaumwerfer montiert, welcher eine Leistung von 900-2900L/min und eine Wurfweite von 60m hat;
- Eine umfangreiche feuerwehrtechnische Beladung welche unter anderem einen Überdrucklüfter, Motortrennsäge, Motorsäge, Material zur Bergung von Verletzten u.v.m. umfasst.

Wir hoffen dass das neue Fahrzeug nicht allzu viele Einsätze fahren muss!

*Wagner Roland, Chef de Corps*





## JUGENDPOMPJEEËN - EE COOLEN VERÄIN

Bilan 2013

Eis momentan 13 Jugendléich konnten un 32 Übungen, theoretischer a praktescher Art deelhuele. Ze ernimmen wir do och éng Gemeinschaftsübung zu Speicher mat deenen daitschen Kollegen. Do derniewt wuare mir op dem Cortège vun der Kommunioun an um Cortège zu Waldbëlleg vertraueden. Zë erwähnen sin dann nach d'Comémoration Nationale an den Nationalfeierdaag. Dann hu mir awer och gehollef beim Buergbrennen, beim Fuesbaal a bei der grousser Botz. Ech ernimmen nach gäer d'Grillen fir den éischten Mee an d'Eischt-Mee-Feier. Ausserdeem wuaren sie mat Eer ophiewen. Dann hun së nach am Mëllerdall gehollef grillen. Do derniewt wuaren verschiddener mat Liichten an hu Flyeren am Duerf verdeelt. Um regionalen Terrain hu mir un der Sprangprozessioun deelgehol. Zwou Goldmedaillen vum Liane a vum Noah op der nationaler Schwammmeeschterschaft goufen erschwommen. Eng drëtt Plaatz hu mer dann um Rally Natur Pur an éng éischte Plaatz um Rally zu lechternach gemaach. Ausserdeem wuare mir um Rally zu Woltz. International wuar en Zeltlager zu Speicher am Summer wou mir zesummen mat deenen daitschen Kollegen ë flotten verlängerten Weekend konnten erliewen. Da kënne mir dann och nach betounen daat eis Jonker all gesond a monter matschaffen an hiere Medico och dëst Joër gréng Luucht gin huet. Fir d'Joër gemittlëch ofzeschlëissen wuaren mir dann nach am Dezember an de Kino „Die Eiskönigin“ gucken an uschlëissend éng Pizza iessen. Insgesamt 56 Aktivitéiten stoungen um Plang, dëst ass eppes klénges méi wéi éng pro Woch.

Am Wëssenstest wëll ech dann d'Schiltz Noémie an de Wagner Jo ervirgreifen déi hiert gëllend Ofzeechen ofgeluecht hun. Dann awer och de Schiltz Jérôme am Sëlwer an ais fënnef Kandidaten am Bronze: Colbach Nadja, Cales Max, Graeff Sven, Nilles Luc an Stevens Noah, déi domat um beschte Wee sin an den aktiven Déngscht vun de grousser Pompjeen anzetrieden.

Wanns du also méngs du kéins an dëss Equipe erapassen an du Loscht hues bei eis matzemaachen, dann brauchst du nët ze faärten an kanns dëch beim Thill Jonathan (691669842) mëllen. Gäeren invitéieren mir dech éng Kéier bai ais luussen zë kommen.


*Jonathan Thill*





## JUGENDPOMPJEEËN BRANDSËCHERHEETSDAG

Maison Relais 04/08/14



Um 10 Auer haat Maison Relais éng Visite ugemellt bei dë Waldbëlleger Pompjeeën fir mat dë Kanner ë flotten Dag mat Spill a Spaass ze verbréngen. Nodiems daat Kanner emol sëlwer erausfonnt hun wou hinnen iwwerall eppes kéint geschéien, hun sie geléiert ween sie mussen ruffen a waat sie dëm 112 mussen soën. Uschléissend hun sie mat éngem praktischem Beispill gesin wat sie machen mussen wann ee vun hiren Kollegen zum Beispill mam Velo fällt a wéi d'Pompjeeën dann hellefen. No der Visite vun de Gefierer an der Begutachtung vum Material sin sie dann nees an d'Maison Relais gaangen fir ë Maufel zessen. Nomëttes stoung dann éng Fettbrandsimulation an ën Feierläschertaining um Programm wou all Kand éng Kéier richtegt Feier konnt ausmaachen. Duerno huet ët leider ugefaang mat reenen mä zum Glück konnten mir mat der Kiwwelspréztz zur Paart erausspréztzen. No énger läschter praktëscher Übung mam groussen Pompjeeskamion si mir dunn nees heem gaangen an haaten ë ganz flotten Dag bei dë Pompjeeën erliewt. Nächst Joër komme mir och ganz bestëmmt nees zeréck.

*Jonathan Thill*





## JUGENDPOMPJEEËN - REGIONALT ZELTLAGER

Waldbëlleg 2014



**29/07/2014**

Endlech ass et esou waît. D'Zeltlager zu Waldbëlleg start pünktlech um 16 Auer a mir treffen eis bei der Schoul fir eis an den Zelter anzëriichten. Zesummen mat deenen aaneren Kollegen aus der Region Osten a mat den Jugendpompjeeën aus dem Norden si mir zu 104 Kanner, 36 Moniteuren an 22 Mann am „Staff“. „Hoffentlech hält dat gudd Wieder hu mir eis geduecht“, mä schons nom lessen, et gouf en Zalotenbüffet an Bouchée à la reine mat énger Glace, zitt e Stuerm op a mir retten eis all an d'Sportshal oder den Hangar. Nodiems sech d'Wolleken verzun hun, kënnt dann awer d'Sonn eraus a mir sollten just nach gudd Wieder kréien fir de Rescht vun der Woch. Wéi daat alt ëmmer esou ass, kënne mir dësen Owend nach guer nët u Schlof denken an nodiems den Campchef Lagerfeier ugefaang huet, mécht hien nach éng Nuetswanderung mat eis. Midd faalen mir dann awer géint Mëtternuecht an d'Feldbetter.

**30/07/2014**

„Guten Morgen, guten Morgen,...“ elo schons kënnen mir daat Lidd nët méi héieren nodiems et eis um 7 Auer erausgehaît huet. Mä gudd Laun kënnt awer schons op wann mir gesin waat um Büffet steet. Eer, Speck, Yoghurt, Bréidercher, allerlee Fleesch a Kéis, Schokolaserullen a villes méi stin um Dësch. Esou fänkt den Dag jo schons ganz gudd un. Duerno gi mir an Equipen opgedeelt, déi dann emmer verschidden Aktivitéiten an deenen nächsten Deeg erliewen. Mir fueren haut zum Beispill an d'Koffergrouf op Stolzebuerg an an d'Superdréckskëscht. Mat dem Bus maachen mir eis dann op de Wee op Colmar wou mir gewisen kréien waat dann alles maat deenen Saachen geschitt déi mir soss einfach bei hinnen ofgin. No der Visite iessen mir e Picknick a fueren dann an de Koffermusée op Stolzebuerg. Hei kréien mir e puer Stiwvelen, en Helm an éng Jacket a klammen dann an d'Grouf eran. No den Erklärungen vum Guide dierfe mir schlussendlech och e bessi Koffer sichen. Zeréck um Site di mir séier d'Schwammboxen un wëll elo ass et nach gudd wuarm fir an d'Schwemm ze sprangen déi extra opgeriicht gin ass. Um Menü vun haut steet éng Tomate-Crevette, duerno en Tri de pâtes an Tiramisu. Natierlech wéi emmer ganz gudd an hausgemaach. Nom lessen verbréngen mir den Rescht vum Owend nach am Haff wou mir Fussball spillen.

**31/07/14**

Nom Frühstücksbüffet blaiwen mir haut um Zeltlager wou mir dann verschidden Aktivitéiten hun. Moies fänke mir mat der Choreographie un. Mir sichen eis en Numm vun eiser Grupp aus an en Lidd op daat mir wëllen tanzen. Duerno trainéieren mir esou laang bis daat mir et richtig kënnen well schliesslech sollen mir dat ganz jo um Ofschloss eisen Elteren wäisen. Och eis Jugendleiter sin immens motivéiert a bréngen vill Iddien mat. No zwou Stonnen haarden Training tauschen mir d'Platz a mir gin an den Hangar wou en Atelier mat elektrëschen Course-autoën stattfënnt. Ween huet dann déi beschten Ronnezuel. Wee gët deen naïen Vettel? Nom Picknick gët et dann méi eescht a mir bauen beim Pompjeesbau e kompletten Ugrëff mat Waasser op. Schliesslech soll d'Zeltlager Spaas maachen mä et soll een jo och eppes derbaï léieren. Um 18 Auer hu mir alleguerten décken Honger a mir treffen eis nees an der Cafeteria fir zessen. Kichenéquipe huet haut d'Zopp gekacht. Uschlëssend gët et Entrecôte mat Speckierbessen a Gromperenpurée. Als Dessert dann nach Uebstzalot. Elo si mir awer schons richtig midd an emmer méi vun eis gi frei schlofen.

**01/08/14**

